

op dat zréck, wat ech virdu gesot hun, wou d'Schoul hire Rôle muss spillen.

1998 konnten 365 Plazen nët besat gi vis-à-vis vun 216 am Jor 1997. Dat geet drop zréck, well der méi ugebuede gi sin. Dovun eleng sin 220 Plazen am Handwierk nët besat gin. D'Patronë si bereet, méi Leit an d'Léier eranzehuelen. Et feelt jhust un de Jugendlechen, déi eng Léier wëlle maachen.

Als Résumé wëll ech behaupten, datt d'Gesetz, dat mer hei diskutéieren, déi néideg Rumm duerstellt, fir nei Aarbechtsplazen an de Betriber ze schafen an de Betriber och eng gewëss Flexibilitéit ze garantéieren. Ech hoffen, datt vill vun dëser Rumm profitéiert gët an esou d'Gesetz säin Objektiv erfëlle kann.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Ausseminister Jacques F. Poos fir den Dépôt vu véier Projets de loi.

## 2. Dépôt de quatre projets de loi

**M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.**- M. le Président, je suis autorisé à effectuer le dépôt de quatre projets de loi:

- le projet de loi 4527 portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Kiev, le 6 septembre 1997

- le projet de loi 4528 portant approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 22 septembre 1998, complétant la Convention Benelux concernant la coopération transfrontalière entre collectivités ou autorités territoriales, signé à Bruxelles, le 12 septembre 1986

- le projet de loi 4529 portant approbation du Troisième Protocole annexé à l'Accord général sur le commerce des services concernant le mouvement des personnes physiques

- le projet de loi 4530 portant approbation du Cinquième Protocole annexé à l'Accord général sur le commerce des services.

**M. le Président.**- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun de Projets de loi, déi un den zoustänneg Kommissiounen weidergeleet gin.

Mir kommen zréck op de Projet de loi 4459. D'Wuert huet den Här Marc Zanussi.

## 3. Projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan national en faveur de l'emploi 1998 (Suite)

*Discussion générale (suite)*

**M. Marc Zanussi (LSAP).**- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëllt aganks vu ménger Interventioun denen zwee Rapportere ganz häerzlech merci soë fir hire schrëftleche Rapport an dem Lucien Lux fir säi

mëndleche Rapport, a wëll mech och dene Merciën uschlëssen, déi un de Sekretär vun der Spezialkommissioun, den Här Bisenius, gaange si fir déi formidable Aarbecht, déi e während dene ganze Sëtzunge geleescht huet.

Ech wëll mech a ménger Interventioun ausschliesselech mam Kapitel V, de schoulpolitesche Moossname vun dësem Projet, beschäftegen, Moossnamen, déi an engem Beschäftigungsplang wéi deem heiten nët dierfe felen, well ouni e Kapitel iwwer d'Schoul wär dëse Projet sécherlech nët komplett.

Mir sin zu Lëtzebuerg konfrontéiert mat engem Schoulssystem a mat enger Berufsausbildung, déi wäit dervun ewech sin, perfekt ze sin. Iwwer d'Zuel vun dene Kanner, déi d'Schoul an d'Berufsausbildung ouni Ofschluss verloossen, wëll ech nët polemiséieren, dofir as d'Situatioun ze eescht, mä ech géing awer mengen, dass mer hei am Haus e Konsens dierfen op der Feststellung hun, dass de Prozentsaz, egal wéi, nach ze héich as. An dene leschte Joren as eng ganz Rei vu wichtege Schoulgesezter gestëmmt gin, mä d'Erferenz huet eis awer geléiert, dass d'Stëmme vu Gesetzter eleng nët duergest, mä dass all méiglech Viraussetzunge musse geschafte gin, fir déi Gesetzter dann och an d'Praxis kënnen ëmzesetzen.

Mat dësem nationale Beschäftigungsplang gin ëmmerhin 13 entscheidend Artikelen an dräi verschiddene Gesetzter geännert. Esou gët eng méi prinzipiell Emännierung virgeholl, déi vill diskutéiert gin as, Emännierung, déi eng Konklusioun as vun deem Débat, dee mer an der Chamber haten. Mat dësem Projet gi verschidden Ziler verfollegt:

1. D'Zuel vun dene jonke Leit ze reduzéieren, déi aus der Schoul crauskommen an nët deen néidege Bagage hu fir de Rescht vun hirem Liewen.

2. Déi Jugendlechen op en Aarbechtsmaart virzebereden, dee méi wéi viru Joren an engem permanente Wandel as, wou déi gréissten Erausforderung dora besteet, dass déi jonk Leit, déi elo op den Aarbechtsmaart kommen, sech musse mat enger Konkurrenzsituatioun auseanersetzen, wou jonk Leit aus dem noë Grenzgebitt op de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart stoussen, jonk Leit, déi aus engem anere Schoulssystem kommen, an och Leit, déi aner Virstellunge vun der zukünfteger Organisatioun vun hirem Liewen hun. Dat ze négligéieren, wär en Trugschluss, dee fatal Konsequenze kéint hun. Déi Feelschätzung dierfe mer nët maachen.

3. En héijen Niveau bäizebehalen an där Formatioun, déi mir dene jonke Leit bidden.

4. Eng Orientatioun ze maachen, wou d'Kapassitéit vun de jonke Leit global a richteg ageschätzt gin, soudass se virun onvermeidlechen Echec beschtméiglech geschützt sin.

Fir dës Ziler ze erreechen, hu mer am Gesetzprojet 4459, dee mer haut diskutéieren, folgend Ännerunge virgesinn.

Eng méi prinzipiell Ännerung besteet doran, dass mer dem Enseignement secondaire technique eng liicht aner Orientatioun wëlle gin. Dës Orientatioun muss ganz klor an d'Richtung goen, dass déi éischt Missioun vum Enseignement

gnement secondaire technique dora besteet, eiser Ekonomie déi noutwendeg Handwierker an Agents techniques et commerciaux ze verschafen. Als zweet, an dat geet ganz klor aus den Texter ervir, huet den Enseignement technique éreicht d'Missioun, op Etudes supérieures virzebereden.

Dës Ännerung as natiirlech op där enger an anerer Plaz kritiséiert gin. Et as eng verständlech Kritik, mat där ee sech sollt ausenansetzen. Dëser Ëmorientéierung gët de Virwurf gemaacht, si géing den Enseignement secondaire technique dévaluéieren an a séngen Objektiver zréckschrauwen. Weider géif den Enseignement secondaire technique dann nët méi deem Slogan entspriechen, mat deem Publicitéit gemaacht gin as, "Den Technique, de Schlëssel fir d'Zukunft".

Et muss ee Verständnis hu fir déi Befierchtungen, well se ganz einfach op der Idealvirstellung fousen, dass en Ordre d'enseignement, wéi den EST een as, jidferengem all Méiglechkete soll oploossen.

Wann een un dësem Zil wëllt festhalen, muss een d'Schüler vun Ufank un op Etudes supérieures préparéieren, esou wéi et elo nach am Text steet. Dat huet allerdings zur Konsequenz, dass d'Programmer, déi d'Schüler da mussen absolvéieren, deementspreechend serréiert sin, mam Resultat, dass eng ganz Rei vu Schüler dee Stress nët packen an d'Schoul verloossen. Den Ausdrock "préparer" soll duerch "permettre d'accéder aux études supérieures" an dem neien Text ersat gin.

Mat där geplangter Ännerung soll, eiser Meinung no, dem Schüler méi wéi bis elo gehollef gin, a si soll him et erlaben, en Diplom als Ofschloss ze kréien, ouni domat awer - an dat soll een ënnersträichen - dene gudden Schüler d'Méiglechkeet ze verspären, weiderhin un Etudes supérieures erunzekommen. Déi néideg Passerellë mussen weiderhi bestoë bleiwen.

Eng aner Méiglechkeet hätt dora bestanen, dass een d'Konditiounen an d'Kritäre fir den Accès op den EST erschwéiert an esou enger Rei vu Schüler deen Accès iwwerhaupt nët méiglech gemaacht hätt. Domat hätt ee vläicht de fréieren Objektiver vum Enseignement secondaire technique kënne Rechnung droen, awer nëmme vläicht.

Déi geplangten Ëmorientéierung gët dem Zil, fir méi jonke Leit ze hëllefen, en Diplom ze kréien, méi gerecht. A wa mer dëst Zil erreeche mat dëse Moossnamen, kann een nët vun Dévaluatioun an nët vun engem Zréckschrauwe vun den Objektiver schwätzen. An de Slogan, dee fir den Technique bestanen huet, "Den Technique, e Schlëssel fir d'Zukunft", huet weiderhi séng Gëltegkeet, well schlussendlech de Schlëssel fir d'Zukunft virun allem dora besteet, dass jonk Leit en Diplom hun, mat deem se herno eng Aarbechtsplaz fannen.

Mat dësem Projet gët och eng Redefinitioun gemaacht vun der Ausbildung vun den Techniker. Hei läit d'Finalitéit an där selwechter Richtung, nämlech d'Bestriewungen an der Schoul gi méi doropshin orientéiert, fir dene jonke Leit, déi esou e Beruff wëlle léieren, zu engem Ofschloss mat Diplom an enger Aarbechtsplaz ze verhëllefen, wéi se virzebereden op Etudes supérieures.

Dësweidere gët e Certificat de réussite nom Cycle moyen, also no der 11e am EST am Regim vun den Techniker, agefouert. Dëse Certificat de réussite gët et a ville vun eisen Nopeschlänner. Et gët domat och der Tatsaach Rechnung gedroen, dass eng ganz Rei vu jonke Leit eng 11e maachen an dono, aus irgendengem Grond, mat der Schoul ophalen, mä et kann een awer nët soen, dass een, deen eng 11e gemaacht huet, keng Ausbildung hätt. Déi Ausbildung soll duerch dee Certificat de réussite certifiéiert gin. Et as klor, dass dee Certificat op der Basis vun denen erschaffene Schoulresultater erstallt gët, an a kengem Fall dru geduecht gët, fir eng Form vu Passageexamen erëm anzeféieren.

Mat dësem Projet gët och een neien, méi nuancéierte System vun Evaluatioun op der Basis vun engem neie Profil d'orientation agefouert. Déi ufänglech Evaluatioun - déi kenne mer alleguer - huet jhust op der Basis vun de Noute berout, an dëst huet natiirlech eng gewëssen arithmetesch Rigiditéit mat sech bruecht, déi zur Konsequenz hat, dass eng Rei vu Fäegkete vun dene jonke Leit nët konnte berücksichtegt gin.

Duerno gouf et e Profil d'orientation, dee ganz eleng op de Kapassitéite vun de Schüler berout huet, mat der Konsequenz, dass festgestallt gin as, dass am Enseignement eng Déresponsabiliséierung vum Léierpersonal stattfund huet, a mat der Konsequenz, dass eng ganz Rei vu Jugendlechen op Sektioonen orientéiert gi sin, wou se manifestement dépasséiert waren a wou d'Resultat war, dass vill Echecën ze verzechnen waren. Deen neie Profil d'orientation soll op der Basis vu folgenden Elementer funktionnéieren:

- op den Nouten an der Profilmout (ausser denen dräi éischte Jore vum Cycle inférieur);

- op der Kompetenzbilanz, respektiv op der Basis vun den Epreuves standardisées;

- op de Konklusiounen, déi gezu gin aus den Ziler, déi d'Schüler fir d'Zukunft hun am Verglach zu hirer schoulescher Leeschtung;

- schlussendlech op denen obligatoresche Consultatiounen mat den Elteren, dat sécherlech op den Erfarunge fousst, déi gemaacht gi sin aus der Orientéierung vum Primaire an de Secondaire, déi duerch d'Bank positiv waren.

Ganz besonnesch as et an dësem Projet ze erwähnen, dass hei och Effort gemaacht gi fir d'Erwuessenebildung, een Element, dat bis elo nach vläicht nët genuch ervirgetrach gin as. Mir si mat der Situatioun konfrontéiert, dass et och fir Erwuessener ëmmer méiglech war, e CATP-Diplom nozemaachen. Dat war allerdéngs bis elo mat enger ganzer Rei vu Schwieregkete verbonnen: d'Leit stoungen am Aarbechtsliwen, si hun duerch hir praktesch Erfahrung genuch iwwer d'Praxis vum Beruff gewosst, a wa se gär e CATP-Diplom gemaacht hun, dann hu se müssen an Owescoure goen. Mir wëssen awer alleguer, wéi schwéier et as, no der Aarbecht an Owescouren ze goen, zumools wann een eng Famill huet, an dann och nach déi selwecht Examen ze bestoë wéi déi jonk Leit, déi dat während dem ganzen Dag an der Schoul préparéieren.

D'Méiglechkeet huet och nach bestanen, fir als Erwuessene bei engem Patron e Léiervertrag ofzeschléissen an dann eng Léier ze maachen. Allerdéngs as dat un deem Defizit gescheitert, dass d'Leit dann och nëmmen eng Lehrlingsentschiedegung kruten. Domat kann natierlech keen Erwuessene mat senger Famill iwwerliewen. Dat, wat elo gemaacht gët, as, dass een effektiv als Erwuesse- nen e Léiervertrag ka maachen, wou de Patron eng Lehrlingsentschiedegung bezillt, wou een d'Garantie huet, am Statut vum Léiervertrag ze sin, a wou de Stat de Rescht vun de Lounkäschen iwwerhëlt. Domat as et erméiglecht gin, dass een als Erwuessene mat engem Salaire, deem dem Mindestloun fir en onqualifizierten Aarbechter entsprécht, séng Léier kann ofschléissen.

Dës Kreditter gin entweder vum Fonds pour l'emploi zur Verfügung gestallt oder iwwer Kreditter bezuelt, déi am Service vun der Formation professionnelle ageschriwwen sin. Ech géif mengen, dass dës Moosnam eng vun dene wichtigsten an dësem Pak as an et eis esou sécherlech geléngt, Leit dervun ze iwwerzeugen, fir hir Formatioun, déi se an der Praxis schon hun, duerch eng theoretesch Begleetausbildung bis hin zum CATP ze ergänzen.

Et geet jhust drëm, dass een des Moosnam, déi am Gesetz dran as, iwwer déi néideg Kanäl un d'Leit bréngt an d'Leit motivéiert, fir dës Wee ze goen. Am Verglach zu deem, wat virdru bestanen huet, as dës eng enorm Erliichterung fir als Erwuesse- nen zu engem Diplom ze kommen, an dafir as et, ménger Aschätzung no, bei dene schoulpolitesche Moosnamen an de Moosname fir d'Erwuessenebildung eng vun dene wichtigsten, déi an dësem Gesetz dran as.

Bei der Formation professionnelle gin och eng ganz Rei vun Ännerunge virgeholl, dës op der Basis vun dene prakteschen Erfarungen aus dene leschte Joren an och op der Basis vun dene Diskussiounen, déi mer hei an der Châmber am Kader vun dene eenzelnen Débats d'orientation iwwer den Emploi haten, notament dee leschte vum 4. November 1997.

D'CITPën, d'Certificats d'initiation technique et professionnelle, stamen aus dem Jor 1992 a goufen deemools als Virstuf, als Virberedung op de CATP, de Certificat d'aptitude technique et professionnelle, geschafen. Si sin deemools geschafe gin als eventuellen Ersatz fir de CCM, de Certificat de capacité manuelle, deem op Grund vun där Iwwerleung och 1990 nët méi an d'Gesetz vum Enseignement secondaire technique iwwerholl gin as.

D'Praxis huet awer gewisen, dass déi meescht jonk Leit de CITP an och de CCM nët als Sprongbriet benotzen, fir un de CATP ze kommen. Tatsaach as och, dass de CCM, entgéint den Erwaardunge vum Ufank, ëmmer nach eng héich Attraktivitéit bei dene jonke Leit als Of- schlossdiplom genéisst, ganz einfach well et en Diplom as, deem haaptsächlech praxisorientéiert as.

Mat dësem Gesetz gët dann och d'Finalitéit vum CITP ëmgeännert, eng Finalitéit, déi ofzegesi war an déi d'Châmber och erkannt huet, doduerch dass se virun e puer Jor de CITP esou aklasséiert huet, dass de Patron no fënnef Jor de qualifizéierte Mindestloun muss bezuelen, eng Erkenntnis, déi mer mat dësem Gesetz dann och formaliséieren, andeem mer aus dem CITP eng Insertion

socio-professionnelle maachen, dat heescht eng Upasung vun der Theorie un d'Praxis.

Domat hu mer hei zu Lëtzebuerg eng Rei vu weidere Méiglechkeete geschafen, fir zu engem Diplom ze kommen, an de CCM gët erëm an den Text vun 1990 integréiert, well déi héich Attraktivitéit bei dene jonke Leit fir dës Diplomrichtung nach besteet. Mir hun dann an Tëschenzäit hei zu Lëtzebuerg dräi festgeschriwwen Méiglechkeeten, fir zu engem Diplom ze kommen: de CITP, mat där Finalitéit, déi ech virdru skizzéiert hun; de CCM, dee bestoë bleift, an als lescht Instanz de CATP, woubäi ee muss soen, dass weiderhi selbstverständlech Passerellë bestoë bleiwen, fir souwuel vun ënnen no uewen, vum CITP an de CATP, wéi och - an dat as e bëssche méi onglécklech - vun uewen no ënnen, vum CATP a Richtung CITP, ze goen. D'Passerellë bleiwe bestoen, an et gët de Schüler weiderhin erlaabt, deem doten Opstieg ze maachen.

Eng weider Neierung, déi an dësem Gesetz ervirze- sträiche bleift, as déi vum Artikel 30, déi et erlaabt, verschiddene spezifesch Besoinë vu Persounengruppen entgéintzekommen, zum Beispill den Auslännerkanner, wou mer wëssen, dass den Taux d'échec méi héich as wéi bei de Lëtzebuurger Kanner. Mat dësem Gesetz gët d'Méiglechkeet geschafen an d'Dir opgemaacht, fir spezifesch Moosnamen ze ergräifen, fir dës Problemgruppen ze erfaassen. Mir wëssen alleguer, dass iwwer dee Probleemkrees nach en interessanten Débat an der Châmber usteet, iwwer dee mer an der Kommissioun schon uganks e puermol diskutéiert hun.

Den Artikel 30 erlaabt et dann och, fir en éischte Schrack ze maachen a Richtung vum Rapport vum Här René Kollwelter iwwer d'Ecole de la deuxième chance. Et as eng ganz nei Struktur, déi mer bis elo hei am Land nët kennen a sech och grondsätzlech vun all dene Moosnamen ënnerscheed, déi et hei am Land an deem dote Beräich gët. Dës as e Projet, deem an der Kommissioun an an der Öffentlechkeet virgestallt gin as, deem an allen Dokumenter iwwer de PAN zitéiert gin as an, eiser Meinung no, och derwäert as, an d'Praxis ëmgesat ze gin.

Ech wéilt an deem Sënn och eng Motioun hei déposéieren, déi vun der grénger Fraktioun vum Här Garcia, vun der DP vum Här Berger, vun der LSAP vun der Mme Françoise Kuffer, vun der CSV vum Här Bourg a vu mir selwer am Numm vun der LSAP ënnerschriwwen as. Dës Motioun invitéiert d'Regierung, dee Projet vun der Ecole de la deuxième chance als e positivist Element ze gesinn an en Aarbechtsgrupp anzesetzen, deem un der Ëmsetzung vun deem Projet schaffe soll.

#### Motion 6

#### La Chambre des Députés

- *considérant les taux d'échec importants du système éducatif en Europe en général et au Luxembourg en particulier;*

- *considérant la corrélation étroite entre niveau de formation et chômage;*

- considérant divers efforts de proposer des formations supplémentaires aux personnes ayant quitté prématurément le système éducatif;

- saluant les mesures contenues dans le Plan national en faveur de l'emploi visant à améliorer le passage de l'école au travail des élèves de l'enseignement secondaire technique;

- considérant e.a. le libellé de l'article 30 du projet de loi stipulant que "au besoin, d'autres institutions, publiques ou privées, peuvent être chargées (...) d'une partie ou de l'intégralité de la mesure d'insertion";

- considérant le concept de l'Ecole de la deuxième chance de la Commission européenne et les projets-pilote à travers l'Europe;

- considérant le rapport de la mission parlementaire du député René Kollwelter intitulé "Pour une école de la deuxième chance au Luxembourg";

- considérant les références y relatives dans le rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi et dans diverses prises de position des Chambres professionnelles

invite le Gouvernement

- à aborder le problème de l'introduction, à Luxembourg, d'une Ecole de la deuxième chance avec un préjugé favorable;

- à mettre sur pied, au niveau interministériel, un groupe de travail chargé de définir et de préciser ce concept tout en prenant en compte les travaux préparatoires de la Commission européenne, les expériences-pilote en cours dans divers pays, les rapports et avis ad hoc tant sur le plan national que sur le plan international et tout en prenant en compte les expériences de divers organismes ou organisations travaillant dans le secteur.

(s.) Marc Zanussi, Eugène Berger, Willy Bourg, Robert Garcia, Françoise Kuffer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech komme schon zu de Konklusioun vu ménger kuerzer Interventioun zur Bildungspolitik an deem Débat iwwer de Plan national en faveur de l'emploi. D'Konklusioun kënnen op Grond vun deem, wat ech gesot hun, nëmme positiv sin. Deen eenzegen negativen Aspekt, deem ee sécherlech kann ervirsträichen, deem awer bei wäitem déi positiv Aspekter nët iwwerweit, as d'Tatsaach, dass eng Rei vu Règlements grand-ducaux felen, notamment dat iwwer de Profile d'orientation.

Doriwwer kann een awer sécherlech ewechgesinn, wann een déi positiv Moosnamen ervirsträicht. Bei all den Initiativen, déi hei ergraff gi sin, bleift dee roude Fuedem d'Bestriewung, fir éischters alles ze maachen, fir dene jonke Leit ze hëllefen, fir en Diplom ze kréien. Zweetens as bei dese Moosnamen nët nëmmen un déi Jonk geduecht gin, mä och un déi Erwuessen, déi d'Méiglechkeet hun, e Léiervertrag ofzeschléissen a parallel dozou eng Pai ze kréien. Drëttens sin et eng Rei Moosnamen, déi engersäits innovativ sin an anerersäits pragmatische Charakter hun an op den Erfarunge vun dene leschte Jore berouen.

Schlussendlech sin ech der Iwwerzeugung - an dat mat ménger Fraktioun -, dass mer mat deser Rei vu Moosnamen et fäerdegränge wäerten, méi wéi bis elo, Leit ze hëllefen, fir als Ofschloss vun hirer Léier oder Ausbildung och e wäertvollen Diplom ze hun.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin as d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Fraktiounskolleg et schon ugekënnegt hat, wéilt ech mech hei speziell mat de fraäspezifische Komponente vun deem Projet, dee mer haut virleien hun, befaassen, an dat sin der insgesamt véier:

1. déi finanziell Incentiv fir d'Integratioun vun de Fraen an den Aarbechtsmaart;
2. de Congé parental;
3. de Congé familial;
4. d'Action positive.

Ech wéilt awer e puer méi allgemeng Remarken zu dese fraäspezifische Komponente virausschécken. Wéi een Effekt, dass des Mesure wäerten op d'Beschäftegung hei zu Lëtzebuerg hun, doriwwer kann ee streiden an doriwwer as och schon am Virfeld vun där Diskussioun vun haut vill gestridde gin.

Wa mer zum Beispill iwwer d'Subventionnéierung vun de Betriber schwätzen, déi Mesures d'insertion huele par rapport zu Fraen, dann as dat jhust nëmmen e finanziellen Ureiz, deem duerch dëst Gesetz geschaf gët, a keng Obligatioun. Och dee geplangte Congé parental zwéngt d'Betriber nët gesetzlech derzou, Ersatzpersonal anzustellen. Zudeem gin a béide Fall nët wierklech nei Aarbechtsplaze geschaf, mä jhust befristen Ennerbréngungsméiglechketen um Aarbechtsmaart.

Dass des Moosname fir d'Fraëförderung awer Auswirkungen op d'gesellschaftlech Diskussioun hun, dat steet och elo schon ausser Zweifel. Fir d'éischte Kéier gët per Gesetz zouginn, dass d'Fraen an der Aarbechtswelt benodelegt sin, dass se méi staark wéi d'Männer enner dem Chômage leiden, an dass hir Ausbildungschancen nët esou gutt sin. Fir d'alleréischte Kéier gin och zumindest Ustalte gemaacht, fir dat nët méi wéi en Naturgesetz hinzuhuelen, an et gët no konkrete Mëttele gesicht, fir des Zoustänn ze veränneren.

Déi Moosnamen, déi hei agefouert gin, an nët nëmmen déi fraäspezifesch, wäerten natiirlech fir d'Betriber nei Erausforderunge bedeuten a sécherlech an der Praxis vill zousätzlech Phantasie an Energie an der Personalplanung erfuerderen. Dat soll awer keen Argument sin, fir nët an déi Richtung ze goen.

Ech wéilt och nach ganz kuerz op e positiven Nieweffekt vum Plan national en faveur de l'emploi agoen an zwar déi geplangte Verfassungsännerung. Ouni de Plan national en faveur de l'emploi hätte mer vläicht nach laang gewaart bis dass d'Gläichheet vu Männer a Fraen an d'Verfassung ageschriwwen gi wär a bis de Stat zu po-

sitivë Mesüren autoriséiert gi wär iwwer d'Verfassung. Iwwer déi zaghaft Form an där dat wäerd geschéien - well mer jo nëmmen eng Autorisation an d'Verfassung aschreiwen an nët en Opdrag un de Stat gin, fir d'Gläichheet hirzestellen - wäerte mer zum gegebene Moment nach d'Geleënheet hun ze diskutéieren.

Ech wéilt jhust hei d'Fro vum Timing stellen. Mir hun déi Verfassungsrevisioun nämlech nach nët hanner eis bruecht obwuel mer elo haut iwwer de Plan national sollen ofstëmmen. Do stellt sech natierlech d'Fro, dass wann déi Marge méi grouss gët tëscht dem Vote vun haut an dem Vote vun der Verfassungsrevisioun, déi d'Méiglechkeet schaaft fir positiv Mesüren ze huelen, ob dat nët zu rechtliche Problemer féiert.

Ech kommen dann zu dene Punkten op déi ech méi speziell wéilt agoen. Dat sin éischters d'Subventiounen am Beräich "Mesures d'insertion".

Et as sécherlech ganz wichteg, datt hei eppes geschitt, an d'Zuelen aus dem Avis vum Comité féminin weisen dat och dättelech. D'Fraë si souwuel bei de Stages d'initiation wéi och bei de Stages de préparation en entreprise absolut ënnerrepräsentéiert. Jhust bei den DATë maachen d'Fraen effektiv knapps 40% aus.

Mir sin als Gréng allerdéngs nët ganz glécklech iwwer d'Form déi gewielt gouf, fir deem entgéintzewierken. Hei gët elo méi e grouss finanziellen Incentive geschaf, fir och méi e groussen Equilibre op deem Niveau vum Aarbechtsmaart erbaizeféieren. Psychologesch gesinn, schéngt eis dat nët déi beschten Iddi ze sin. Hei gët de Patronen dat bestätegt, wat si schon zur Genüge jorzéngtelaang praktizéiert hun, nämlech, datt Fraenarbecht méi bëlleg gët wéi Männerarbecht. Dat as jo eigentlech eng Iddi, déi mir aus der Welt schafe wollten.

Dofir hätte mir als Gréng et och léiwer gesinn, wann hei regelrecht Quote geschafe gi waren, wann also Plaze fir Fraen an de Stagen an an de Mesures d'insertion reservéiert gi wären. Dat wär och méi e kloort Zeeche gewiescht, datt d'Halschent vun dene Plazen de Fraen zousteet. Dat maache mir awer elo hei nët.

Diskutabel schéngt eis an deem Kontext och den Ausdrock vum "Sexe sous-représenté", deem an enger zweeter Phas am Projet agesat gin as. Am Ufank hate mir klor an dättelech do stoen, datt et sech ëm Fraen handelt. Duerno as gemengt gin, datt mir Problemer op Verfassungsniveau kréien, an datt de Conseil d'Etat eis dat virwerfe géing. Mir sin awer der Meinung, datt et ze bewiese gewiescht wär, ob dann, wann een explizit iwwer d'Fraen als dee benodelegte Grupp geschwat hätt, dat nët konform mam neie Verfassungstext wär.

Zwetens geet eiser Meinung no déi klor Ausso verluer, datt et ëm d'Fraë geet, denen hir Situatioun mir verbessere wëllen.

Drëttens stellt sech awer och nach d'Fro, wéi dat hei an der Praxis soll geregelt gin. Am Ennerscheed zu der éischter Regelung, wou nëmmen déi Betriber viséiert sin, wou Fraen ënnerrepräsentéiert sin, komme jo eigentlech elo d'Betriber alleguer a Fro. Och Betriber wou d'Männer vis-à-vis vun de Fraen ënnerrepräsentéiert sin, kruten elo en Urecht.

Wéi gin déi Betriber, respektiv Secteurs d'activité definéiert?

Wéi oft gët kontrolléiert ob e Betrib méi Männer oder méi Fraen huet a fir wien déi héich Subventiounen dann elo gëllen?

D'Handhabung vun dëser Mesür gët sécherlech duerch déi Verallgemengerung, déi mir erbäigefouert hun, vill méi komplizéiert wéi se am Ufank war. Eis als Gréng schéngt et, wéi wann do eng ganz Rei Schwéierfäll legketen an Onklarhete bestin, déi een hätt kéinten évitéieren.

Wichteg a positiv schéngt mir dofir eng Rei aner Dispositiounen, wéi zum Beispill déi vun der Prise en charge vun de Frais de voyage et de garde d'enfants bei de Monoparentaux. Positiv as, datt - anescht wéi am Ufank - Männer a Fraen dovun profitéiere kënnen. De Wirkungsbereich vun där Mesür as méi grouss gemaacht gin. De finanzielle Plafond as e bëssen eropgesat gin.

Eng aner positiv Mesür as och den Accès fir d'Formationsmesüre fir Salariéén, déi hir Aarbecht ënnerbrach hun.

Ech kommen dann elo zum zwete Punkt, op deem ech hei agoe wëll, dem Congé parental. Ech maache fir d'éischt e puer méi formell Remarken. Souwuel bei dësem Projet, wéi och beim Congé familial, stellt sech d'Fro, ob si nët besser als separat Projeten traitéiert gi wären. De Conseil d'Etat huet dat jo och am Ufank gesot a sech géint déi Virgeensweis gestäipt. Och als Gréng ware mir nët ganz frou iwwer dee Wee, deem hei ageschloe gin as.

Et huet sech och am Laf vun den Diskussiounen gewisen, datt deem Terminkalenner, dee fir de Plan national opgestallt gin as, ganz wéineg Zäit fir d'Ausfeile vun den Texter gelooss huet. Dat huet sech am Fall vum Congé parental duerch vill Pannen a Widderspréich bemierkbar gemaacht.

Anerersäits as d'Regierung mat hirem Plang - souwuel vu Gewerkschafts- wéi och vu Patronaatsäit - ënner Drock geroden. Si as dun an d'Versuchung geroden, fir Kouhändler anzegoen. Vun dene Kouhändler war de Congé parental sécherlech och een Deel. Dorënner leit d'Substanz vun de Reformen, déi souwéiso scho vu ville Verhandlungspartner als schmückendes, wann nët esouguer störendes Beiwerk betruecht gi sin.

Mir hun eis als Gréng herno zum Schluss nët méi géint d'Integréierung vun dëse Projeten an de Plan national gestäipt. Dat hätt jhust zu engem weideren Zäitverloscht gefouert. Dat hätt et och vläicht onméiglech gemaacht, fir déi Congéén, déi mir elo hei hun, nach an dëser Legislaturperiod ze votéieren.

Am Avis vun der Arbeiterkammer gët och festgestallt, datt dee virleienden Text, deem e Congé virgesäit, deem een en bloc huele muss, eigentlech der EU-Direktiv widderstreecht. Do war virgesinn, fir dee Congé parental ze fraktionéieren. Sou eng Regelung wär de Kanner an hiren Eltere sécherlech den Emstänn no zegutt komm. Si hätt awer sécherlech manner beschäfftegungspolitesch Effekter gehat. Do gesäit een, datt de Projet ganz klor ënner denen Aspekter gelidden huet.

Nët respektéiert gët d'EU-Direktiv awer och wat d'Zäitspann betrëfft. D'Direktiv hat bei de Kanner en Alter vun 0 bis 8 Jor virgesinn. De Projet, dee mir hei virleien hun, gesäit awer jhust en Alter vun 0 bis 5 Jor vir. Et as interessant ze gesinn, ob d'EU-Kommissioun sech nach zu Wuert melle wäerd.

De Congé parental suergt éischter als familjepolitesch wéi als aarbechtsplazschafend Moosnam fir Gespréich. Ech hun dat och schon Ufank vu ménger Interventioun gesot. Déi familjepolitesch Aufgabe vun de Männer gi fir d'alleréischte Kéier och mol vum Stat festgehalten. Dat as nët nëmme fir d'Männer, mä och fir d'Patronen eng kolossal Neierung.

Bis elo as de Problem jo praktesch geléist gin, an deems d'Elteren zwar d'formell Wiel fir Familienzoustännegkeet haten, an der Praxis awer d'Fraen d'Freed vun der Elternschaft op sech geholl hun. Dës Zäit as mat deem Projet de loi, dee mir haut votéieren, nët eriwwer. Mä de gesellschaftlechen Discours: "Mir géinge jo, mä mir kënnen awer nët", wéi en haaptsächlech vu männlecher Säit gefouert gët, verléiert weider un Iwwerzegungskraaft.

Ech kommen dann elo zu e puer Remarken iwwer eenzel Dispositiounen beim Congé parental. Positiv schéngt eis d'Méiglechkeet, fir dee Congé an halwen Deg ze huelen. Positiv si fir eis och zwou Mesüeren, déi op den éischte Bléck ganz rigid schéngen.

- Dat éischt as d'Tatsaach, dass déi zwee Elterendeler de Congé nët kënnen gläichzäitig huelen.

- Dat zweet as d'Tatsaach, dass de Congé nët vun engem Elterendeel op deen aneren transferabel as.

Dës zwou Mesüre schéngen eis vun absoluter Wichtigkeet ze sin, wa mir wirklech e Changement an der Mentalitéit erbäiféiere wëllen.

Mir hu jo gesinn, wat d'Fräiwëllegkeet op dësem Gebitt bruecht huet. Kaum Männer hu bis elo hir Erwerbstätigkeet - och nëmme deelweis - opgin, fir hiren Erzéiungsflichten nozekommen. Wichteg schéngt eis déi Mesür awer och, fir dass d'Patronen ëmdenken an d'Fraë bei der Astellung an der Promotioun nët méi diskriminéieren, well se fäerten, dass si eng Kéier wéinst Erzéiungsflichten doheem bleiwen.

Hei as en Usaz fir dës Flichten nët nëmme anescht ze verdelen, mä fir och d'Patronen méi mat der Tatsaach ze konfrontéieren, dass d'Familjeflichten eng gesellschaftlech Wichtigkeet hun, déi si respektéieren an an hirer Betriibsféierung berücksichtegen müssen.

Ech kommen dann elo zu e puer Punkten, déi mir éischter negativ aschätzen.

Den éischte Punkt betrëfft d'Monoparentaux. Et as esou, dass dee Projet hei d'Kanner vun Elengerzéienden diskriminéiert. De Congé as ëmmer op een Elterendeel bezun. Wann nëmme een Elterendeel do as huet d'Kand e Recht op een halleft Jor a wann déi zwee Elterendeler do sin, huet d'Kand e Recht op zweemol en halleft Jor. Mir fannen, dass dat keng glécklech Léisung as. Ech kommen herno beim Congé parental nach eng Kéier drop

zréck. Mir sin der Meinung, dass een hei hätt missen aner Weer goen an déi elengerzéiend Elteren nët diskriminéieren.

E weidere Punkt, deen och vum Conseil d'Etat opgeworf gin as, as d'Tatsaach, dass mir hei e fixe Montant schafen, deen d'Leit kréien, wa si hire Congé parental huelen. Et hätt een och kéinten e Prozentsaz festleën, esou wéi dat an de skandinavesche Länner de Fall as. Da kriterien d'Leit en Deel vun där Pei, déi d'Leit normalerweise verdéngen. Elo kritt jidderee 60.000 Frang. Dat bedeit fir déi eng Leit, dass si dat selwecht oder esouguer e bësse méi kréien, wéi dat wat si normalerweise verdéngen. Fir aner Leit bedeit et eng ganz klor Verschlechterung, sou dass déi vill manner incitéiert sin, fir dee Congé hei ze huelen.

En anere Punkt betrëfft d'Fonctionnaires. Si kënnen dee Congé parental jhust ageschränkt genéissen. Hei gët et jo schon en onbezuelte Congé, déi sougenannt Baby-Joren. Déi verfale wann e Congé parental beantragt gët. Op dësem Punkt as déi OGBl- an CGFP-frëndlech Chambre des Fonctionnaires et Employés publics sech eens. Si froen allen zwee d'Méiglechkeet vun engem Kumul. Si schloen awer vir, fir d'Durée vun engem Congé parental vum Rescht vum ugefrote Congé ofzézien. Leider sin dës Propositionen nët berücksichtegt gin.

En drëtten Punkt as de Congé familial. Dat war ee vun den éischte Projeten, déi d'Fraëministesch an dëser Legislaturperiod presentéiert huet. D'Madame Jacobs wollt domat endlech eng Ukënnegung ëmsetzen, déi an der Regierungserklärung vun der Regierung vu virdrun 1989 ugekënnegt gi war. Iwwregens goufen et och schon zwou Propositions de loi zu deem Thema. Déi sin 1991 vun den Häre Mars Di Bartolomeo an André Hoffmann agereecht gin. D'Regierung stoung also ganz klor hei ënner Zugzwang.

Dee Projet, deen d'Madame Jacobs 1996 presentéiert huet, hat awer och eng Rei negativ Punkten. De Congé war relativ knapp ausgefall. Et huet een och missen normale Congé huelen, fir erëm Congé familial zegutt ze hun.

Duerno as eng EU-Direktiv iwwer de Congé familial a Kraaft getrueden. Do war och e Congé am Krankheitsfall vun de Kanner virgesinn. Am Fréijor huet dun den nationale Beschäftigungsplang dofir gesuergt, dass déi geplangte Reform integréiert an ëmgebaut gin as. Et kann ee sech froen, ob dat ëmmer zum Notze vun dësem Projet war.

Am Ufank war virgesinn, dass de Congé parental nët bei alle Krankhete gëlle soll, mä jhust bei Maladies graves an et sollt op 5 Deg begrenzt gin. Et muss ee sech awer d'Realitéit virstellen an där déi meescht Eltere sin. Déi sin och virun allem vun dene gängege Kannerkrankhete betrafft. Et sin oft déi Krankhete déi maachen, dass d'Elteren op hiren normale Congé zréckgräife müssen. Wat esou ee Congé méi restriktiv as, wat e manner beschäftigungsfördernd as.

Grad ëm dës Congé sin et vill Diskussiounen gin. Déi sin esou wäit gaangen, dass am November d'lescht Jor souguer Gerüchter gelaf sin, wéi wann dee Congé ganz



gëing gestrach gin. Gott sei Dank as dat nët geschitt, mä et as awer klor, datt déi Proposition, déi virlog, d'Direktiv nët méi an hirer ganzer Etendue ëngesat huet.

Déi Gréng hun doropshin Amendementë presentéiert, déi eigentlech déi initial Versioun vun der Regierung an enger corrigierter Versioun erëmgeholl hun, a si hu sech op déi Manéier fir e Congé familial ausgeschwat, deen nët nëmmen conforme wär zur Direktiv, mä deen och méi generell a méi generéis sollt sin. E sollt fir all Krankheitsfall gëllen a fënnf Deg Congé am Jor virgesinn, a virun allem, an domat kommen ech op ee Punkt zrëck, deen ech schon ugeschnidden hat, sollt een dem Kand e Recht verschafen amplaz den Elteren als Salariéén. Wéi gesot, as dat grad wichteg am Fall vun elengerzéienden Elteren, well hir Kanner soss nëmmen d'Halschent vun deem zegutt hun, wat Kanner mat zwee Elterendeler hun.

Leider as dësen Amendement nët ugeholl gin. Et as zwar duerno schlussendlech zu engem Revirement an der zoustänneger Spezialkommissioun komm, an dat as sécherlech dem Drock vun dene Grénge wéi och vu villen anere Leit ze verdanken. Mir hun am Text erëm méi en allgemenge Congé, dee sech nët mer op Maladies graves beschränkt, mä leider as e weiderhin op zwee Deg reduzéiert. Dat as och de Grond, fir wat mir bei dësem spezifische Punkt herno wäerten e Vote séparé froen, an eis zu deem Punkt wäerten enthalen.

Ech kommen zu deem leschte Punkt, deen ech hei wollt uschneiden: d'Actions positives. Iwwer dësen nët onwichtige Volet vum neie Gesetz as bis elo wäit manner diskutéiert gin. Et schéngt eis awer ganz wichteg, datt hei eng Basis geschaf gët, fir esou Aktiounen duerchzuféieren, och wann déi Propositionen, déi am Text virgesi sin, nët terribel elaboréiert sin. Och de Comité du Travail féminin fënt, datt et besser giewesch wär, regelrecht Pläng auszeschaffen wéi jhust isoléiert Mesuren ze proposéieren. An et kann een och bedauern, datt am Kapitel iwwer d'Kollektivvertrag jhust eng Obligation de négociation iwwer d'Fraëförderung besteet, an net eng Obligation de résultat.

D'Konklusioun, déi mir als Gréng vun dëse fraëspezifische Moosnamen zéien as déi heiten: Déi Moosnamen, déi hei geholl gin, enthalen eng ganz Rei vu gudden Usätz, och wa mir nët mat all Detail averstane sin. Si sin oft Schrëtt an déi richteg Richtung, mä leider sin et zevill zaghaft Schrëtt.

Déi Gréng sin och der Meinung, esou wéi et am Gesetz virgesinn as, datt no enger Zäit Evaluatiounen sollen hei gemaacht gin. Allerdings si mir iwwerzeegt, datt dës Evaluatiounen nët däärfe derzou féieren, datt mer da gesetzlech erëm op de Stand vun haut gëfen zrëckfalen, mä datt déi Moosname fir méi e groussen Equilibre tëschent Fraen a Männer a fir méi eng grouss Chancëgläichheet um Aarbechtsmaart weider verbessert a verfeinert gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - D'Mme Ferny Nicklaus-Faber huet d'Wuert.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll hei - wéi schon esou vill Leit viru mir -, denen zwee Rapporteurs merci soen,

an nach eng Kéier op déi gutt an effikass Aarbecht vun der Spezialkommissioun, där ech d'Éier hat unzuegheieren, hiweisen, well et war nët ëmmer einfach während der parlamentareschen Aarbechten, déi vill a grouss Ofännerunge virzehuelen, a gläichzäitig de Geescht vun der Tripartite ze respektéieren.

D'parlamentaresch Kommissioun vun der Chancëgläichheet tëschent Fra a Mann huet zu dësem Gesetzprojet e Rapport pour avis ofgin. Dës Prozedur as ausdrécklech am Artikel 25 vum Châmbrereglement virgesinn. Och war d'Kommissioun der Meinung, datt si zu dene villen Dispositionen, déi méi speziell d'Fraë betreffen, misst hir Positioun festleën an hir Meinung äusseren.

Erlaabt mer dofir a ménger Interventioun op déi wichtegst Punkten aus dësem Rapport pour avis anzegoen, a verschidde Moosnamen aus dem Gesetz méi intensiv ze behandelen.

Bei der Analys vum Gesetzprojet gesäit een, datt eng Rei vu Revendikatiounen, déi während dene leschte Joren an dene verschidde Debats d'orientation iwwer d'Fraëpolitik gefuerdert goufen, am Text vun dësem Gesetz berücksichtegt goufen. Dës as ganz positiv a beweist, datt d'Debatten iwwer d'Problemer vun de Fraen eng richteg a wichteg Initiativ waren, an och nach weiderhi sin, an nët ouni Resultater, esou wéi dat verschiddelech duergestallt gët.

Deen éischte Punkt, op deen ech wëll agoen, sin d'fraëpolitesch Moosnamen, oder besser gesot d'Gläichberechtigungsmoosname bei der Politique active de l'emploi. De Fonds pour l'emploi ënnerstëtzt Betriber mat 65% vun de Käschten, wa se Persounen vum Sexe sous-représenté astellen, wat jo meeschtens Fraë sin. Dës as sécher eng begrëssenswäert Moosnam, an et kann een hoffen, datt si och gräife wärd, well nët nëmmen d'Betriber si gefuerdert, och déi Jonk müsse bereet si mat allen Denkscheme Schluss ze maachen. Medercher a Jonge solle kënnen an all Beruffer eragoen, déi si interesséieren, ouni duerch Viruerteler behënnert ze gin. D'Patronë müssen awer och bereet sin, ëmzedenken an de Medercher déi selwecht Chancen ze bidde wéi de Jongen. D'Medercher hirersäits solle selwer hire Choix treffen, dobäi awer och op d'Ennerstëtzung vun hirem Entourage, dat heescht vun hirer Famill an hirem Bekanntekrees kënnen zielen.

Eng gutt Informatioun iwwer déi verschidde Beruffer an eng zolidd Ausbildung, dat sin, niewent der Akzeptanz am Beruffsmilieu, déi beschte Voraussetzunge fir eng wierklech Réussite. De Succès vun dëser Moosnam wärd dann och weisen, ob eis Gesellschaft bereet as nei Weër ze goen.

Bei der Aarbechtsorganisatioun as vill vu Flexibilisatioun, vun Temps partiel geschwat gin. An dat as och gutt esou. Et däarf awer nët dozou féieren, datt d'Fraen um Aarbechtsmaart an eng defensiv Stellung kommen, an där hinnen nach haaptsächlech Temps-partiel-Plazen ugebuede gin. Temps partiel däarf op kee Fall eng mannerwäerteg Aarbecht duerstellen, ouni Perspektiven, ouni Chancen op Weiderkommen.

Dee wichtigste Punkt fir d'Fraen a fir d'Gläichbehandlung tëscht Fra a Mann as sécherlech d'Aféiere vum Congé parental. Ech mengen, et wär iwwerflësseg, de Congé parental nach eng Kéier virzestellen. Et war déi Moosnam, déi am meeschten diskutéiert gouf.

Mir hun an der Commission Egalité des Chances gemengt, datt de Geescht vun der europäescher Direktiv, also de Kaderaccord a verschiddene Punkten eventuell méi hätt kënne berücksichtegt gin. Esou gesäit - an d'Mme Wagener huet schon drop higewisen - dësen Accord d'Recht op e Congé parental vir bis zu aacht Jor vum Kand. Do kann de Congé parental ënner verschiddene Formen geholl gin: plein temps, temps partiel, als Crédit-temps oder opgespléckt. Leider goufen dës villfältig Méiglechkeeten nüt vollstänneg zrëckbehalen. Jhust de Congé plein temps an de Mi-temps as am Gesetz virgesinn.

Et kann een de Montant vu 60.000 Frang de Mount héich fannen. Et gët jo Leit, déi dat nüt als Pai hun. Wa mer awer d'Erzéiung vun engem Kand, an dat zu Recht, als eng ganz wichteg an als eng ganz verantwortungsvoll Aufgab ugesinn, dann as dee Montant op jidder Fall nüt ze héich gegräff, well et geet hei schlicht an einfach ëm de Wäert, dee mer der Erzéiung zougestin, wéivill eis Gesellschaft bereet as, an hir Kanner ze investéieren. Gläichzäiteg gët hei d'Recht vum Kand op séng Elteren ënnerstrach an an der Praxis méiglech gemaacht. D'Kand huet während 15 Méint - 3 Méint Congé no der Gebuert, 2mol Congé parental vu 6 Méint - ee vu séngen Elteren, dee sech doheem ëm et këmmert a bei him as. Do geet Lëtzebuerg wäit iwwer d'europäesch Direktiv eraus, souwuel an der Zäit mä haaptsächlech um finanzielle Volet, wou déi aner europäesch Länner wesentlech manner bezuelen.

D'Dispositioun, déi virgesäit, datt ee vun denene zwee Partner de Congé muss direkt nom Congé de maternité, respektiv Congé d'accueil huelen, stellt sécher, datt d'Kand an enger wichteger Phas vu séngem Liewe ka vun der Presenz vun engem Elterendeel profitéieren, an datt och d'Eltere kënne hire Flichte perséinlech nokommen a se nüt frieme Leit iwwerloossen, respektiv iwwerloosse mussen.

Wichtig beim Congé parental as d'Garantie de réemploi. Wann eng Fra vun de momentane Méiglechkeet profitéiert, fir no der Gebuert bei hirem Kand ze bleiwen an nüt beruffstäteg ze sin, dann huet se jhust eng Priorité de réemploi, dat heescht, de Patron muss si zrëckhuelen, wann eng Plaz am Betrib fräi as, fir déi déi betreffend Fra déi néideg Qualifikatioun huet. As dat nüt de Fall, an do brauch zum Beispill nëmmen ee Service anescht organiséiert ze gin, sëtzt d'Fra op der Strooss. Beim Congé parental gët dem Bénéficiaire garantéiert, datt hien no dësem Congé séng Plaz erëmkrutt. Duerch dës Dispositioun gin déi Elteren nüt méi bestrooft, déi wëlle méi laang bei hirem Kand doheem sin. Et schéngt mer hei absolut wichtig ze sin, genuch Informatioun iwwer dësen Punkt ze maachen, an d'Avantagen géintwuer den heitege Méiglechkeeten erauszueschelen.

Fir datt de Congé parental elo deen erhofftenen Erfolg huet, mussen d'Leit ganz genueg informéiert gin. Besonnesch d'Familjepappe sollen ënnerstëtzt gin, wa si de

Congé parental wëllen huelen. Hei muss eng gezielte Informatiounscampagne gestart gin, fir ze verhënneren, datt déi Pappen, déi sech hirer Verantwortung stellen, negativ Reaktiounen aus hirer beruflecher Umwelt entgéintbruecht kréien. Si solle vun der Gesellschaft encouragéiert gin, vum Congé parental ze profitéieren, a méi aktiv wéi bis elo un der Erzéiung vun hire Kanner deelhuelen, wat sech absolut positiv op eis Famille wärd auswirken.

Doniewent schéngt mer déi virgesinnene Evaluatioun fir den 31. Juli 2003 ganz wichteg ze sin. Esou gët den Impakt vum Congé parental erkannt. Et ka reagiert gin, an d'Modalitéite kënne gegebenenfalls ofgeännert gin.

Een anere Volet sin d'Konditiounen, wou et dem Patron nüt erlaabt as, e Congé parental ze reportéieren. Hei huet d'Commission Egalité des Chances drop opmierksam gemaacht, datt den Alinea iwwer d'Problèmes scolaires an d'Troubles de comportement méi genueg ze definéieren wär, well do effektiv eng Gefor vun Abus besteet, well an de Begrëff "troubles de comportement" kann een esou zimlech alles erapaken.

Zum Volet Reintegratioun an d'Berufsliewen huet eis Kommissioun och proposéiert, grad ewéi de Ministère de la Promotion féminine, datt de Fonds pour l'emploi nüt nëmme soll d'Frais de voyage et de garde d'enfants iwwerhuele bei de Femmes divorcées et célibataires, mä bei alle Persounen, déi manner wéi 1,5mol de Mindestloun hun. D'Spezialkommissioun as där Propositioun nokomm.

Beim Kapitel "Actions positives" kann ee bedauern, datt se nüt applikabel si fir de Secteur public, an d'Commission Egalité des Chances freet dofir d'Regierung, ob et nüt méiglech wär, si och hei anzeféieren an eventuell nei Formen vun Aarbechtszäit ze proposéieren, zum Beispill 75% ze schaffen, den 13. Mount duerch e Mount Congé sans solde ze ersetzen.

D'Commission Egalité des Chances weist och nach op e spezielle Problem hin, wouriwwer ech schon eng Kéier eng Question parlementaire gestallt hat, an dat as dee vun den Apdikteschen, déi e Congé de maternité huelen. Si verléieren domat hir Ancienneté. Si sin hire männleche Kollege géintwuer benodelegt, wann et zum Beispill drëm geet, eng egen Apdikt ze iwwerhuelen. "N'est pas considérée comme occupation pharmaceutique la période pendant laquelle une pharmacienne interrompt sa carrière pour éduquer son enfant." Wéi verhält et sech dann elo mam Congé parental? Zielt deen als Occupation pharmaceutique oder nüt? Wann de Punkt 6 vum Artikel 6 vum Gesetz iwwer de Congé parental folgendes virgesäit: "La durée du congé parental est prise en compte dans la détermination des droits liés à l'ancienneté", da misst dat jo iwwerall de Fall sin.

Eng weider familjepolitesch Moosnam as de Congé pour raisons familiales. D'Dispositiounen iwwer de Congé pour raisons familiales si während de parlamentareschen Aarbechten dacks geännert gin. Et steet och an där leschter Versioun nach ëmmer "maladie grave" a "raison impérieuse de santé" dran. Dëst as sécher nüt esou avantagéis wéi den Text vum Projet de loi 4142 vum Här Mars Di Bartolomeo, deen an d'Richtung vun der Urgence gaangen as. Ech hoffen, datt an der Praxis do keng



Schwiregkete wärten optauchen, an d'Eltere bei hire kranke Kanner bleiwe kënnen, fir déi eischt Moosnamen ze ergräifen.

Dogéint as awer ganz positiv ervirzesträichen, datt de Congé pour raisons familiales am Normalfall 2 Deg pro Kand a pro Jor bedréit a fraktionnabel as, sou wéi eis Kommissioun et gefrot hat. Wann 2 Deg an der Theorie vill schéngen, sou muss ee jo awer soen, datt déi Familien, déi vill Kanner hun, zimlech rar zu Lëtzebuerg sin an an deem Fall nëmmen ee vun de Partner berufstäteg as. D'Betriber wärten also bestëmmt net ënner där Moosnam ze leiden hun.

D'Moosname fir eng besser Reintegratioun an den Aarbechtsmaart stellen e weidere wichtige Punkt fir d'Fraen duer. Esou Moosname sin och an dene leschte Jore verstärkt gefuerdert gin, besonnesch - an ech hu schon drop higewisen -, an de fraëpoliteschen Debatten, déi mir regelméissig ufanks Mäerz an der Châmber ofhalen.

Virun allem mussen hei d'Formationsméiglechkeite viséiert gin. Si sollen dene spezielle Bedürfnissen vun de Fraen ugepasst gin. Et si jo haaptsächlech d'Fraen, déi vun dese Moosname betraff sin, an et wäerten och nach an Zukunft d'Fraë sin, déi hir Carrière ënnerbriechen, fir sech ëm d'Famill ze këmmen. Mentalitéiten ännere bekanntlech ganz lues, sou datt an nächster Zukunft op deem Plang kaum eng wiirklech Gläichberechtigung erreecht wäerd gin, mä des Moosname sin awer e Schrëtt an déi richteg Direktioun.

E leschte Punkt, op deem ech agoë wëll, sin d'Actions positives. Si sin eng Initiativ vun der Europäescher Kommissioun, déi gemierkt huet, datt déi verschidden Direktiven, déi d'Gläichbehandlung tëschent Fra a Mann am Aarbechts- a Sozialrecht hirstelle sollen, net dee richtigen Impakt haten.

De Prinzip vun der Chancëgläichheet stéisst leider nach ëmmer op eng Mauer vu festgefuerenen Traditionen an der rigider Konzeption vun der Roll vun der Fra an eiser Gesellschaft.

D'Action positive geet iwwer d'Garantëiere vu Rechter aus. Si soll d'Ongläichheeten tëschent Fra a Mann ofbauen an d'Presenz vun de Fraen an de Männer an alle Beruffer virundreiwen.

Wann zum Beispill an der Belsch an an Italien eng reell Politik vun Actions positives gemaacht gët, sou as dat hei zu Lëtzebuerg leider nach net de Fall. Mir hun zwar säit 1993 de Prix féminin de l'entreprise, deem déi Betriber belount, déi innovativ a puncto Fraëbeschäftigung geschafft hun. Zënter 1995 gesäit de Fraëministère och Subventionne fir déi Betriber vir, déi d'Beschäftigung vun de Fraen an d'Konziliatioun vum Familien- a Berufsliewe virundreiwen.

Mä dat alles geet net duer. Dofir stellt dësen Text e generelle Kader duer, fir de Betriber bei Actions positives ze hëllefen. Dese Kader as awer net contraignant, sou datt Betriber, déi keng Actions positives wëlle maachen, och net sanctionnéiert gin.

Fir d'Effikassitéit vun den Actions positives ze garantéieren, mussen déi verschidde Moosname mat der oder dem Délégué(e) à l'égalité ofgeschwat gin. D'Commission de l'Egalité huet dofir och gefuerdert, datt hei solle Statistike gefouert gin, fir ze gesinn, wéivill Actions positives gemaacht gin a wéi een Impakt si hun.

Zum Schluss wollt ech och nach en Opruff un all Parteien maachen, fir bei der Besetzung vun de Kommissiounen dofir ze suergen, datt och genügend Fraë vertruede sin. Et as jo am Moment nëmmen eng Partei, déi keng Fra an der Châmber huet. An der Spezialkommissioun waren 1 Fra an 10 Männer, also do ware mir awer wiirklech ganz wäit vun der Paritéit ewech.

Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech hoffen, datt all déi Moosnamen, déi an dësem Gesetzestext fir d'Fraen an d'Familje virgesi sin, och en Erfolleg wäerte gin. Et wär e wichtige Schrëtt an eng Gesellschaft, déi d'Gläichheet tëschent Fra a Mann eescht hält, an do-duerch hir Maturitéit an hiirt demokratescht Bewosstsinn ënnersträicht.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner as den Här Kollwelter agedroen. Den Här Kollwelter huet d'Wuert.

**M. René Kollwelter (LSAP).**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et geet zum Schluss vun eiselem Débat. Ech hun net wëlles Konklusiounen ze zéien. Ech mengen do wäeren anerer besser placéiert wéi ech. Et kann een awer schon en éischte Bilan vun deem Débat zéien. Zumindest wëll ech mäi Bilan fir mech zéien an Iech deen dann och matdelen.

Ech wëll am Ufank op ee Punkt hiweisen, deem och de Co-rapporteur Lucien Lux gëschter schon ausgiebig skizzéiert huet. Nämlech dee vum Rôle vun der Châmber am Zesummenhank mat den Aarbechte vun der Tripartite. Ech delen zu 100% dem Här Lux seng Ausféierungen an ech distanzéiere mech zu 100% vun denen Ausféierungen, déi den Här Bausch zu deem Thema gemaacht huet. Den Här Bausch huet gesot, datt hien der Meinung as, datt sech näischt an institutionellen Zesummespill tëschent der Châmber, der Regierung an der Tripartite géinnert hätt.

Dee Wee, dee bei deem Projet ageschloe gin as, éiert d'Châmber. De Rôle an d'Wichtigkeet vun der Châmber as vläicht net genügend an deem Débat oder an der Öffentlichkeit ervirgestrach gin, mä ménger Meinung no as e berechtigt. Ech sin op alle Fall frou, datt d'Châmber et fäerdegbruecht huet, fir iwwer hire Rôle vun enger Chambre d'enregistrement ewech ze kommen, dee si vläicht an der Vergaangenheet am Zesummenhank mat Tripartitesetzer hat.

Als zwete Punkt muss ech Iech soen, Här President, datt ech iwwer déi Diskussioun, déi hei gefouert gin as, enttäuscht sin. Wann iwwer de Beschäftigungsplang fir Lëtzebuerg geschwat gët, gin normalerweis dräi Voletën diskutéiert:

- Et muss iwwer all dat geschwat gin, wat d'Ekonomie ubelaangt: de Wuesstum vun der Ekonomie a vun den Aarbechtsplazen. Dozou as ganz weineg gesot gin.

• Et as vill iwwer d'Aarbechtsrecht - an alles wat domat zesummenhänkt - gesot gin. Dat as deen déckste Brocken, an dat as och gutt esou.

• Ech sin enttäuscht, Här President, datt deen drëtte Volet, deen an dësem Zesummenhank ëmmer relevéiert gët, nämlech dee vun der Ausbildung, vun der Formation professionnelle a vun der Weiterbildung esou kurz komm as.

(Interruptions)

Ech hat jo gesot, datt ech keng Konklusiounen zéien, mä en éischte Bilan vun deem maache wäerd, wat gesot gin as. Vu datt ech virum Här Garcia schwätzen, weess ech nët wat hie seet. Hien huet mir séng Ried och nët schrëftlech eragin, esou datt ech keng Stellung dozou huele kann.

Ech kéint mir virstellen, datt den Här Garcia grad esou zu engem Höhenflug kënnt, wéi de Virriedner aus sénger Fraktioun, den Här Bausch, obwuel deen haut méi e schéine Kostüm un huet wéi den Här Garcia. Ech hun awer gemierkt, Här Garcia, datt Dir déi leschte Kéier, wou Dir de Grand-Duc besiche waard, e ganz schéine Smoking un hat. Ech hun dat apprécieiert. Et deet mir eigentlech leed, datt Dir haut d'Méiglechkeet nët hat, fir dee matzebréngen.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Adressez-vous à la Chambre!

(Interruptions)

**M. René Kollwelter (LSAP).**- Här President, ech hun also elo grad bedauert, datt all déi Riedner, déi viru mir geschwat, sech wéineg iwwer de Problem vun der Education geäussert hun. Ech war am meeschten enttäuscht, datt de Riedner vun der Demokratescher Partei sech esou wéineg doriwwer geäussert huet, well méng Erwaardung war ganz héich.

Wéi den Débat ugaangen as, hun ech geduecht, datt elo déi grouss Propositione vun der DP kommen, well si jo aus der Aus- a Weiterbildung eng grouss Stoussrichtung vun hirer Politik maache wëllen. A méngem jugendleche Leichtsinn hun ech mir geduecht, datt et keng besser Plaz wéi dësen Débat géif gin, fir dës Propositionen op den Dësch ze leën.

Ech muss lech soen, Här President, datt méng Enttäuschung proportionnell zu ménger Erwaardung as, nämlech ganz héich. Bei all denen Interventiounen, déi mir hëieren hun - mat Ausnam vu méngem Fraktiounskolleg Marc Zanussi a vun deem wat nach anscheinend kënnt, wou mir da vläicht eng Kéier spéider driwwer schwätzen - as wéineg vun der Aus- a Weiterbildung geschwat gin.

D'autant plus, wou jo awer och - wann ech dat an der rezenter Vergaangenheet richteg matkritt hun - an der öffentlecher Diskussioun hei zu Lëtzebuerg bei der Virstellung vun de Walprogrammer keng Geleënheet verpasst gin as, fir drop hinczewiesen, datt et eng staark Diskrepanz tëschent der Offer an der Demande op eisem Aarbechtsmaart gët. Et gët och ëmmer op d'Diskrepanz tëschent dem Degré vun der Ausbildung vun de jonke Leit an den

Nécessitéite vun den Aarbechtsplazen, déi ugebuede gin, higewisen.

An deem Zesummenhank, Här President, gët an de leschte Wochen och ganz vill iwwer déi schlecht Situation geschwat, an där déi jonk Leit sin, wa si aus der Schoul kommen. Ech mengen nët, datt et hei noutwendeg as en Débat iwwer d'Statistiken ze maachen. Op engem Punkt kéinten déi meescht Leit heibanne mat mir d'accord sin, an dat as fir ze soen, datt d'Echecë vun onser Schoul - oder wann een dat méi pejorativ ausdrécke wëll -, datt d'Déchetë vun eisem Schousystem bei wäitem ze grouss sin.

Wa mir weiderhin hei zu Lëtzebuerg eng Croissance totale et globale vum Emploi hun an doniewent parallel feststellen, datt mir e staarke Fong vun dene Leit hun, déi nach keng Aarbechtsplaz hun, da mengen ech as eng vun de Konklusiounen déi, datt et en Dysfonctionnement gët tëschent eiser Bildung an den Aarbechtsplazen, déi um Marché ugebuede gin. Dëst gët viru vun de Statistiken ënnerstrach, nët nëmmen déi vu Lëtzebuerg, mä och déi op europäeschem Plang.

Mä et gesäit een, datt mir hei zu Lëtzebuerg - vläicht méi wéi an anere Länner - duerch dee selektive Charakter vun der Schoul déi vill Echecën hun. Ech weess, datt ee Lëtzebuerg iwwer Statistike schwéier mat anere Länner vergläiche kann, eleng doduerch, datt mir hei zu Lëtzebuerg eng Rei Zwëschediplomer nët méi hun, déi et am Ausland awer nach gët an déi dann dozou féieren, datt Leit mat enger Zwëschequalifikatioun als ausgebild gëlen.

Eise Schoulsystem as ménger Meinung no vill ze vill selektiv, haaptsächlech um Niveau vun de Sproochen. Et as e Sproochenunterricht, bei deem - ménger Meinung no - d'Lat vill ze héich läit, an deen et mat sech bréngt, datt mir herno vläicht gutt Statistiken hu vun dene Lëtzebuerger, déi et fäerdebréngen op d'Universitéit ze kommen an do och gutt ofschneiden, mä anerersäits berücksichtige mir awer nët déi grouss Déchetën, déi mir virdrun hun.

Iwwer dës Elementer, Här President, musse mir eis natierlech interpelléieren. Et gin eng ganz Rei Äntwerten op esou eng Interpellatioun. Eng méiglech Äntwert as déi, fir eng global Reform vun der Schoul ze revendikéieren. Do glewen ech éierlech gesot nët méi drun an ech revendikéiere se och nët méi. Ech mengen awer, datt mir eis an onsem Schoulsystem méi flexibel a méi adaptéiert kleng Strukturen zouleë kéinten, déi der Demande um Aarbechtsmaart méi genee Rechnung droe kënnen.

Mäi Fraktiounskolleg Marc Zanussi huet virdrun eng Motioun déposéiert, wou ënner anerem och op dee Rapport vun der Mission parlementaire, déi de Staatsminister mir uvertraut huet, an deen ech ausganks November ofgeliiwert hat, higewise gët. Dee Rapport as hei am Haus bekannt an as och an der Commission du Travail et de l'Emploi diskutéiert gin. Do geet et drëm, fir iwwer de Wee vun enger zweter Chance Jugendlechen, déi duerch iergendeng Ursaach déi éischt Chance verpasst hun, d'Méiglechkeet ze gin, erëm an den Aarbechtsmaart zrëckzekommen.

Een, dee laang an der Schoul wa, sief et als Schüler, als Student oder als Prof, as sech es - zumindest vun där Sait aus wou ech et gesinn hun - bewosst, dass eng vun dene gréisste Charakteristieke vun eise Schoulsystem déi as, dass en zimlech ongerecht as. Ongerecht, Här President, aus där ganz einfacher Ursach: Wann e Jugendlechen, deen tëscht 15 an 19 Jor huet an also an engem ganz kriddlechen Alter as, duerch iergendeen Ëmstand a senger Liewen oder eppes, dat him geschitt as, en Dysfunktionsnement erlieft, dann as hie fir säi ganz Liewe laang gebiisst.

An anere Wieder: Engem Jugendlechen, deen duerch iergendeng Ursach tëscht 15 an 19 Jor vun der Haaptschinn ofkënn - duerch sozial Ëmstänn, duerch familiär Ëmstänn, doduerch dass en engem Hobby zevill staark noheet an d'Schoul vernoléisst, doduerch dass e sentimental Problemer huet oder sentimental Aspekter méi staark noheet wéi schouleschen -, déi hien zu enger Ausbildung gefouert hätt, an deen e puer Jor duerno an d'Situatioun kënn, dass e Loscht hätt eppes ze rattrapieren, deem feelt dann oft déi noutwendeg Offer, fir erëm kënnen op d'Haaptgleis zrëckzekommen. Dat as eng vun den Haaptiddien vun der Ecole de la deuxième chance. Ech wëll dee Rapport, dee jo hei virläit, net nach eng Kéier virstellen, well ech dervun ausgin, dass déi, déi sech fir des Froen interesséieren, e gelies hun, an déi aner kënnen dat bei Geleënheet nach vläicht maachen.

Wat ech mech méi an déi Problematik erageknéit hun, wat ech perséinlech ëmmer méi zur Iwwerzeugung komm sin, dass et eng Struktur as, déi ganz gutt an eis Landschaft hei zu Lëtzebuerg passt, wann een hir déi richteg Nues gët. Et geet guer net drëm, fir ee Modell aus dem Ausland einfach ze importéieren, mä et geet drëm, fir Iddien, déi am Ausland hir Bewährungsproef schon zu engem groussen Deel hanneru sech hun, mat engem Lëtzebuerger Pfeffer an engem Lëtzebuerger Salz esou zurrechtzetzen, dass se an d'Struktur vum Lëtzebuerger System erapassen.

Dofir wär ech drou, wann d'Iddi vun der Ecole de la deuxième chance hei géif weider diskutéiert gin. Ech muss Iech och soen, Här President, dass dee Rapport, deen d'Chambre frëndlecherweis verschéckt huet, bis elo eng 800 Intressente fond huet, an dass ech perséinlech iwwerrascht war iwwer den Echo, deen am gréissten do war, wou ee sech et am mansten erwaart hat, an am mansten do war, wou ee sech et am héchsten erwaart hat. Ech erkläre mech: Den Echo war relativ schwach bei den Organisatiounen an Institutiounen, déi sech normalerweis mat Schoulproblemer beschäftegen - ech denken do och un d'Gewerkschaften - an e war äusserst hefteg a staark bei den Organisatiounen aller Aart, déi um Terrain all Dag mat dëser Problematik ze din hun. Ech hun d'Hoffnung net opgin, dass vläicht an nächster Zukunft och verstärkt déi eng oder aner Gewerkschaft sech dëser Problematik unhëlt.

Op jidde Fall, Här President - an domat wëll ech dëst Kapitel ofschléissen -, bleiwen ech der Iwwerzeugung, dass et eng Struktur as, déi an eis Landschaft hei zu Lëtzebuerg passt. Et as wichteg, dass mer doraus keen neie Waasserkapp maachen nieft villen aneren, déi et elo scho gin. Et as och wichteg, dass mer déi noutwendeg Signaler sette vis-à-vis vun den Institutiounen, Organismen an

Organisatiounen, déi elo schon um Terrain bestin, an hinne klor vermëttelen, dass et net drëm geet, fir iergendeen Kiichtuerm vun hirer Kiirch ewechzehuelen oder aus hirer Kathedral erëm eng Kiirch ze maachen, mä dass et hei drëm geet, fir nieft bestoende Kathedralen a bestoende Kiirchen eng kleng Kappell opzerichten, déi ee ganz bestëmmtent Zil huet, nämlech dene Jugendlechen, déi hir eischt Chance an hirem Liewen duerch iergendeng Ursach verpasst hun, eng zweet Chance ze gin, fir erëm op d'Haaptschinn zrëckzekommen oder zumindest hir Chancen ze vergréisseren, fir erëm op d'Haaptiste zrëckzekommen.

Wa mer dat erreechen, da sin ech perséinlech der Meinung, dass mer et fäerdegbréngen, dee Sockel vun den Aarbechtslosen, déi normalerweis als deen haarde Kär considéiert gin, ze attackéieren. Ech kann déi politesch Attitüd net acceptéieren, déi seet, dass bei enger gewëssener Zuel vun Aarbechtsloser der souwisou derbäi sin, déi mer net méi a Bewegung gesat kréien.

Där gin et sécherlech, dat wëll ech net verleege, mä fir déi a priori esou opzegin, dat as, fannen ech, als politesch Attitüd net acceptabel. Ech weess och, dass dat bei den Décideuren an der politescher Zee hei zu Lëtzebuerg, déi sech mat dëse Froë beschäftegt, net esou gemengt as an och net esou gesi gët, mä ech mengen awer och, dass mer nach net deen noutwendegen Angle d'attaque fond hun, fir dësen haarde Kär vun Aarbechtslosen nieft all denen, déi sech nach kënnen fir des Struktur interesséieren, ob eng Aart a Weis ze abordéieren, déi et mat sech bréngt, dass se eng Weich gestallt kréien, déi se erëm op d'Haaptgleis zrëckféiert.

Dozou net méi, Här President, mä, wéi se ëmmer zum Schluss vum Heielei Kuckelei soen, wa se keng Konklusioun fannen: *Affaire à suivre!*

Ech wollt nach vun dëser Diskussioun profitéieren, fir op een Aspekt hinweisen, dee vläicht net extensiv am Rapport vun der Kommissioun behandelt gin as an och net direkt säin Nidderschlag fënt an dene verschiddene Mesure legislativer Natur, déi d'Regierung proposéiert huet, mä deen een awer zrëckfënt an enger ganzer Rei vun Avisë vun de Chambres professionnelles. Ech schwätzen hei d'Reform vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur un.

Ech hu mat Interesse eng ganz Rei vun Avisë gelies, haaptsächlech dee vun der Chambre professionnelle vum Patronat, dass d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur als eng ganz staark Brems vum Handlungsspillraum considéiert gët, an dass d'Leit der Meinung sin, dass déi Prozedur zevill bürokratesch as, antiekonomesch "et j'en passe". Mir si jo amgaang am Beräich Kommodo-Inkommodo ze enger Schlussléisung ze komme wat den Text ubelaangt, deen an der Kommissioun d'lescht Woch nach eng Kéier diskutéiert gin as an un de Conseil d'Etat weidergeleet gin as.

Ech wëll nach eng Kéier vun dëser Plaz aus drop hinweisen, dass mer et hei mat enger Prozedur ze din hun, déi et misst méiglech maache fir de Betriber déi Oplagen ze gin, fir dass herno och d'Sécherheet vun dene Leit, déi an dene Betriber schaffen, garantéiert as respektiv d'Ëmwelt vun dene Leit, déi ronderëm esou Betriber wunnen. Ech wëll vun dëser Geleënheet och profitéieren fir ze soen,

dass een hei nët vu Patronaatssait aus soll mat Schei-klappe virgoen. Wéi mer gëschter an der Fraktioun iwwer dëst Thema diskutéiert hu fir d'xte Kéier, hun ech folgend fiktivt Beispill gin:

Loosst mer den Direkter vun der Goodyear huelen, deen zu Kolma-Bierg schafft an unhuelen, hie géif zu Konter wunnen, a loosst mer soen den Direkter vun Du Pont de Nemours géif zu Kolma-Bierg wunnen. Da géife mer an dësem fiktive Beispill a folgend Situatioun kommen, Här President,...

(Interruption)

...an zwar dass den Direkter vu Kolma-Bierg ganz staark interesséiert wär, fir d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur esou méll wéi méiglech ze maache wann et drëm geet, fir d'Oplage vu Kolma-Bierg ze definéieren. Mä, wann et géif drëm goen, fir d'Oplage vun Du Pont de Nemours ze maachen, also do wou en niewendrun zu Konter wunnt, da wär en immens staark beméit, fir dass Du Pont de Nemours esou streng Oplage wéi méiglech géif kréien.

Dat as e fiktivt Beispill, dat ech...

(Interruptions)

...aus ménger Imaginatioun, déi einfach keng Grenze kennt, einfach erausgeholl hun, fir Iech ze demonstréieren, dass mer hei mat engem Thema konfrontéiert sin, wou jidderen heiansdo mat enger bestëmmten Kap ronderëmléift. Et as och esou, dass et virkënt, dass ee mat zwou Kape ronderëmléift wéi ech dat elo grad hei a méngem fiktivt Beispill skizzéiert hun.

(Interruptions)

Ech hun allerdéngs och festgestallt, Här President, dass et bei dësem Thema och Leit gin, déi mat dräi oder véier Kape ronderëmlafen, mä dat as eng aner Gei, wou mer vläicht bei Geleënheet nach eng Kéier kënnen driwwer diskutéieren.

Mä, summa summarum, wëll ech drop hiweisen, dass mer an dëser Kommodo-Inkommodo-Prozedur, déi a verschiddenen Avisen ugeschwat gin as am Kader vun dësem Plan national en faveur de l'emploi, eis solle bewosst gin, dass mer alleguer zesummen - sief et dass mer Entrepreneuré sin aus der Industrie, sief et dass mer Buerger sin, sief et dass mer Politiker sin um nationalen oder um lokale Plang - Intressen drun hun, fir en équilibréierten Text erauszekréien, wou kee vun dene véier, déi ech elo grad genannt hun, sech honnertprozenteg dran erëmfënnt an honnertprozenteg kann dermat d'accord sin.

(Interruption)

Wa mer dat fäerdegbréngen, Här President - an ech mengen, mer wäeren um gudden Wee -, dann hu mer en Text, wou ech der Iwwerzegung sin, datt en nët antiekonomesch as, dass en och nët bürokratesch as, an dass en awer dënen elementaren Nécessitéite vu Sécuritéit op der Aarbechtsplaz a vun der Ëmwelt ronderëm d'Beträiber Rechnung dréit. Doriwwer, Här President, géif ech och soen, Affaire à suivre an ech hoffen, dass dat nët zevill laang dauert. Ech soen Iech merci.

(Interruptions)

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner as den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Gracia (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun d'Éier hei virun der Wandlung als leschte Massendénger an dëser Atmosphère vu "PANtheismus" ze schwätzen.

Ech wëll jhust déi puer Peanuts erausgräifen, déi am Kontext vum nationale Beschäftigungspiang zimlech spärlech geséit goufen: Et handelt sech ëm d'Mesüeren am Beräich vun der Schoul a vun der Formation professionnelle, déi zimlech um Wupp als sougenanntene kleng "PANewippchen" aus dem Djungel vu Pléischtermesüeren erauspiipsen. Et as awer jhust an deem Beräich vun der Edukatioun an der Formation professionnelle, wou mer eigentlech gehale wäeren, nët d'"PAN" ze klaken. Et gin am Beräich vun der Edukatioun a vun der Formation professionnelle dräi Aspekter ze diskutéieren:

1. dee kurativen Aspekt, dat sougenanntent Gepléischters um hélzene Been, wéi verschiddener soen;

2. dee preventiven oder prophylakteschen Aspekt, dat heescht déi Mesüeren, déi am schoulesche Beräich ze huele sin, fir dass künfteg de Chômage scho méi fréi neutraliséiert oder ofgefiedert gët;

3. deen drëtten Aspekt, deen ech an dësem Kontext als wichtigsten ëmfannen, as dee vun der liewenslaanger Weiterbildung, déi eng flexibel an effizient Äntwert as op d'Dysfunktionsmenter an d'Dysrythmien op dem Aarbechtsmaart künfteg soll bréngen.

Eischstens also, zu dene kurative Moossnamen:

Am Plan national en faveur de l'emploi si relativ wéindeg d' Mesüeren opgezielt. Si hun zum Deel deklamatorische Charakter, zum Beispill andeem een engem Enseignementszweig eng aner Affektatioun wëllt gin. Zum Deel si se nach um Niveau vun dene fromme Wënsch, déi musse mat enger Motioun ënnerstëtzt gin, a leider sin déi als konkret Mesüre proposéiert Konzepter op Règlements grand-ducaux ausgelagert gin, wat et natierlech schwéier mécht, fir dozou Stellung ze huelen, well normalerweis an de Règlements grand-ducaux an deem Beräich méi steet wéi am Gesetzestext. Et wär een also elo relativ séier fäerdeg mat de Kommentaren, an ech wëll dofir jhust e puer allgemeng Remarque maachen.

Wann ech déi Leit hannen am Sall nët weider stéieren, Här President, da wëll ech op den Artikel XV ze spréche kommen an zwar d'Modifikatioun vum Artikel 1 vum Gesetz vum 4. September 1990, wou d'Affektatioun vum Enseignement secondaire technique geännert gët: "L'enseignement secondaire technique commun aux garçons et aux filles prépare en collaboration avec le monde économique et social à la vie professionnelle en assurant aux élèves une formation générale, sociale et professionnelle..."

Et as also u sech eng Mesür, déi et an der Praxis scho gët, well mir wëssen, dass de Lycée technique contraire-

ment zu deem, dat deemools gesot gin as, eigentlech op d'Ve professionnelle virbereet.

Ech hun och domat manner Problemer, mä ech erënnere mech nach mat e bësse Wehmut u gewësse Mediëcampagnen, wou den Technique proposéiert gin as als eng Alternativ zum Lycée classique. An et hätt ee sech kënnen denken, dass déi zwee Ordres d'enseignement eigentlech relativ equivalent nieftenee géife funktionnéieren. Wann ee ganz éierlech wär, géif een an deem Etat d'esprit hei de Lycée technique erëm als Ecole professionnelle wéi an de 70er Jore betitelen. Dat wär zumindest méi éierlech, wéi elo nach dee Mythos vun engem Lycée oprechtzëerhalen.

Positiv wëilt ech awer ervirhiewen, wéi och schon de Marc Zanussi et gemaacht huet, dass eng gewëss Klarifikatioun hei ugestriift gët an deem Imbrogljo tëscht CITP, CCM, CATP an och dem Regim vun den Techniciens. Do as sécherlech e Klärungsbedarf, well déi prezis Missioun vum denen Ofschlëss ware bis elo nët ëmmer 100%eg evident.

Déi Fro, déi sech natierlech stellt - wann déi Règlemets grand-ducaux dann endlech antrudelen -, as déi vun der Akzeptanz vum CITP an aneren Ofschlëss an der Wirtschaft. Dat as natierlech schweier an engem Gesetz ze klären, as awer fir déi Leit, déi der CITP oder aner Ofschlëss hun, natierlech vu wesentlecher Bedeitung. Beim Regim vun den Techniciens stellt sech déi prezis Fro vun den Débouché vum deem Regim, z.B. och am öffentlichen Dingscht oder bei der Post. Dat as eng Fro, déi jo hei an deem héijen Haus des öfteren opgeworf gin as.

Da kommen ech zu enger weiderer Fro an deem Kontext, nämlech der Fro no der Evaluatioun vu Mesüre fir schweier placéierbar jonk Schoulofgänger a Chômeuren. Ech hu mer zu deem Zweck e ganz interessant Dokument ugekuckt vun Eurydice, dem Réseau d'information sur l'éducation en Europe. Dat heescht "Mesures prises dans les Etats membres de l'Union européenne en faveur des jeunes sortis du système éducatif sans qualification".

Do muss ech soen, dass et jee no Land natierlech eng ganz aner Panoplie souwuel quantitativer wéi och qualitativer Natur gët vu Mesüeren. Et gët Länner wéi Spuenien, déi hire Jugendchômage vu 40% kënschtlech hu missen erfmanipuléieren, an do gët et natierlech eng ganz Vielfalt vu Mesüeren, während et der an anere Länner manner sin. Lëtzebuerg zeechent sech weder duerch d'Vielfalt, nach duerch eng besonnesch Originalitéit vun de Mesüeren aus. Et géif elo ze wait féieren, fir déi eenzel tabellaresch opgefouert Mesüre mateneen ze vergläichen. Wat mer awer bei quasi alle Mesüeren an dene 15 Länner opfällt, as, dass et bal néierens an der Spalt "Evaluation de la mesure" konkret Angabe gët.

Ech fannen z.B. bei Schweden, dass zumindest bei de "Programmes individuels" steet, dass 1994 17.200 Partecipantën, d.h. 5,5% vun den Elève vum Secondaire supérieur, participéiert hun, a 60% sin do op national Programmer transferéiert gin. Bei all denen anere feelt gréisstendeels eng Evaluatioun vu Mesüeren, déi schon deelweis säit den 80er Jore bestim, an dat werft eigentlech nët nëmmen d'Fro vun der Effizienz, beziehungsweise vun de Kritären, fir déi Effizienz ze évaluéieren, op, mä allgemeng och d'Fro vun den Ziler vun deem PAN hei.

Ech mengen, den Här Lux huet gesot, dass mer an e puer Jor, zumindest déi Leit, déi dann nach hei sin, géifen eng Evaluatioun vun deem Plang maachen. Mä ech hun an deem Text néierens e quantitativen Hiweis fond, no deem ee kéint de Succès oder de Mësserfolleg vun deem PAN bewäerten. As dat, wann de Chômage ëm 50, 100, 500, 1.000 oder 3.000 Unitéiten erofgesat gët, oder wéi? An anere Länner hu sech nei Regirunge jo ganz optimistisch geäussert a gesot, an deem Délai setze mir de Chômage ëm eng Millioun, ëm Honnerttausend oder ëm souvill Prozent erof.

(Interruption)

Et as effektiv ëmmer an d'Box gaangen, mä zumindest huet een dann awer en objektive Kritär, no deem ee kann den Erfolg oder Mësserfolleg vun esou engem Plang bewäerten.

(Interruption)

Ech hätt awer relativ gär gehat, dass zumindest an der Erklärung eng méi klor Zilvirstellung gewiescht wär, ab wéi enger Quantitéit dann elo de Plang als erfollegräich ze bezeechne wär oder nët!

Ech kommen dann zu engem weideren Aspekt, deem hei och scho vun den Hären Zanussi a Kollwelter opgeworf gin as, nämlech deem vun der Ecole de la deuxième chance. De Rapport vum Kolleg Kollwelter war sécher en nützlechen Exercice, fir Pisten opzeweisen op Grond vun Experienzen, déi am Ausland gelaf sin. Allerdings - dat huet den Här Kollwelter och gesot - as et gutt, dass een dat nët esou einfach iwwerhëlt, well et muss een dat natierlech op d'Lëtzebuurger Verhältnissen iwwerdroen.

Do muss ee sech d'Fro stellen, wann een elo déi Émsetzung mécht - vläicht fir d'éischt an engem Groupe de travail a spéider op legislativem Wee -, ob et méiglech as, Konzepter, déi a Frankräich awer haaptsächlech a Banlieues oder an England a Slums entwéckelt gi sin, flächendeckend op Lëtzebuerg unzewenden, wou jo awer dee rege Marginaliséierungskontext relativ geréng as par rapport zu aneren, e bësse méi atypischen Aarbechtsmaartphenomenen.

Et as och ganz nützlech, sech ze iwwerleën - dat huet den Här Kollwelter och zum Gléck hei gesot -, wéi ee ka vermeiden, en zousätzleche Waasserkapp ze maachen, wéi ee ka relativ elegant déi nei Struktur a bestehend Strukturen aglidderen an eventuell parallell dozou - ech kommen nach dorop ze schwätzen - aner wichteg Strukturen domat kreéieren.

Ech kommen dann zu deem zwete Punkt, deem ech opgeworf hun, nämlech dee vum preventive Schutz géint de Chômage.

Mir haten, vun dene Gréngen aus, jo e Bildungskongress am November. Mir haten deem effektiv ëmmer de Motto gestallt vum preventive Schutz géint de Chômage - "Aujourd'hui l'école, demain le plein emploi" -, fir auszedrécken, dass een nët soll Mesüeren "demain l'école" maachen, mä déi Mesüeren, déi mer haut an der Schoul maachen, sollen eis hëllefen, fir dass de Chômage an Zukunft erof soll goen, beziehungsweise keen neie soll Entstoen.

Mir hu jo anscheinend hei e berühmtenen atypesche Lëtzebuerger Aarbechtsmaart. Mir schafen ëmmer méi Aarbechtsplazen, hun awer gläichzäiteg e ganz staarken Import vu Main-d'oeuvre aus den "homelands" hei ronderëm, wann een dat ka karikatural esou bezeechnen, an trotzdeem geet deen endogene Chômage hei zu Lëtzebuerg erop. Dat as jo u sech déi Atypie, déi mir jo ëmmer hei bei eise Chômage feststellen. Dozou as awer folgendes grondsätzlech vläicht ze soen.

Eischens: Et gët kee Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, typesch oder atypesch! Dat as e Mythos! Et gët e regionalen Aarbechtsmaart, wou op Grond vu residuelle Souveränitätsnischen Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg drainéiert an an anere Länner ewechgeholl gin. Wann een nämlech de regionalen Aarbechtsmaart kuckt, da si mer nët méi bei 2,7, 3 oder 3,3%, mä dann hu mer e Chômage vun 8-10%! Dat as een, deen eigentlech relativ an der europäescher Moyenne läit. En entsprécht och e bëssen deem Mëttelfeld, wou mir an der wirtschaftlecher Leeschtung vun eiser Region par rapport zu héich wirtschaftleche Regione wéi Hamburg oder esou leien.

Zwetens - an dat as och schon hei gesot gin -: De Chômage zu Lëtzebuerg as zum groussen Deel eng Folleg vun enger inadequater Bildungspolitik. Mir hu jo anscheinend den Zuelen no iwwer 50% Ofgänger ouni Of Schloss, an déi, déi en Of Schloss hun - dat beweist sech jo -, si jo an zounehmendem Mooss inadaptéiert oder schwéier adaptéiert, fir déi nei, e bësse méi flexibel an e bësse méi komplex Emploien ze besetzen.

Drittens - an do kommen ech nach méi spéit drop ze schwätzen -: et gët eng onheemlech Diskrepanz tëscht de Sonndesrieden an der Realitéit, wat de "lifelong learning" ugeet, wat jo eigentlech dat Instrument misst sin, fir an Zukunft de Chômage ze bekämpfen. Ech mengen, berufleche Flexibilisatioun kann hei zu Lëtzebuerg nët duerch eng öffentlech Politik vu Formatioun gestëtzt gin - oder nët genuch -, an ech kommen dorop nach a méngem drëtten Volet ze schwätzen.

D'Fro as also déi, wéi eng Mesure preventiver Natur fënt een am PAN erëm a wéi eng Virschléi hu mir als Gréng ze bidden? Op der Säit 95 vum Text fënt ee jo eng ganz Rei vu Mesüren, déi wéi gesot - ech soen et nach eng Kéier - vague sin a letztendlech nët dozou féieren, dass deen Duerchbroch, dee mer heimat préconiséieren, kann erreecht gin.

- Mir hun do z.B. déi "Modèles spécifiques pour certaines classes". Dat fanne mer ganz okay, besonnesch wann Auslännerkanner domat gemengt sin.

- Mir hun d'"Ecole de la deuxième chance" dra stoen. Ech hun dozou scho geschwat.

- Da komme mer bei dee berühmtenen Assistentepool, dee mir schon deemools, wéi e geschafe gin as, ofgeleent hun, aus deem einfache Grond, well deen nët implizit beinhalt, dass déi Leit, déi do als Assistants à la direction an de Schoule schaffen, och automatesch d'Chance hun, fir eng Weiterbildung ze maachen, déi si z.B. befäegt, an der Schoul eng Qualifikatioun ze maachen. Mir préconiséiere jo éischter den Asaz vun Educateuren, a mir hätte léiwer gesinn, dass dat doten eigentlech e Sprongbriet gewiescht wir, fir dass déi Assistants hätte kënnen eng For-

matioun vun Educateur oder zumindest eng aner Formatioun maachen, déi se fir déi spezifesch Aufgabe qualifizéiert.

Fazit also: Déi Mesüren hei am Edukatiounsberäich si relativ schwach. Si sin eigentlech e bëssen en Erëmgedokters un de Symptomen, an et as ze hoffen, dass et dene PAN-Dokteren nët geet wéi dem "PANtalone", dee jo ënner dem Diokletian e Märtyrerdoud gestuerwen as, dass déi Mesüren awer nach e minimalen Aspekt an der Praxis hun.

Dir frot lech natiirlech mat Recht, wat dann elo d'Virschléi vun dene Gréng sin. Déi sin natiirlech relativ detailléiert, an ech mengen, et as schon e bësse spéit, ech wëll lech nët domat belästegen. Ech wëllt awer vläicht déi grouss Pisten opzielen.

Eis Grondiddi as, d'Qualitéit vun der Lëtzebuerger Schoul duerch eng Panoplie vu Moossnamen ze verbessern, déi dozou féieren, dass einfach déi Lëtzebuerger Schülerinnen a Schüler besser op dee künftigen nationalen Aarbechtsmaart virbereet sin. Mir préconiséieren ënner anerem eischens eng profund Reform vun de Contenuë vun eise Enseignement, ewech vun der Accumulatioun vu Wëssen hin zur Erléierung vu Kënnen, ewech vum Béchsen hin zu praktesche Léiermethoden, ewech vum segmentäre Wëssen zu vernetzte Kompetenzen. A mir wëlle virun allem och, dass d'Sproochsituatioun hei zu Lëtzebuerg als eng Chance, fir Kompetenzen ze erléieren, gesi gët, an nët als Selektionsinstrument.

Eng zweet Mesur as eng profund Reform vun de Methoden. Mir wëllen eng Limitatioun vun den deduktive Methoden zugonschte vun engem Retour, zumindest a gewëssene Filiären, zu induktive Methoden. Mir wëllen d'individualiséiert Léieren ofbauen zugonschte vun engem "Teamléieren". Mir wëllen d'Konkurrenz duerch Kollaboratioun an d'passiivt duerch aktiivt Léieren ersetzen. Schliesslech - an dat as, mengen ech, ee vun de wichtigsten Punkten, dee bei eis och am meeschten diskutéiert gouf - wëlle mer dann nach eng profund Reform vun der Evaluatioun.

Mir hu jo wéi gesot de Problem, dass déi meescht Schüler - 52% si jo déi meescht Schüler - kée richtegen Diplom hun. Mir préconiséieren, dass all d'Schülerinnen a Schüler, déi zu Lëtzebuerg d'Schoul verlossen, e Genre vun Diplom oder Attestatioun kréien, déi dem Aarbechtsmaart seet, wat fir eng Stärkten a Schwächte si hun, indépendamment dovun op wéi engem Niveau se deen Diplom erreecht hun.

Mir préconiséieren also och eng Rei vun nuancéierten Diplomer, wou et z.B. méiglech as, dass Schülerinnen a Schüler, déi z.B. an enger Sprooch Problemer hun, awer kënnen e Premièresdiplom maachen, quitte dass se an engem Fach eng Ongenügend hun, z.B. an enger Sprooch, an dat dono muss um Diplom vermierkt sin, fir dass de Patron, dee se herno accueilléiert, awer weess, dass e se nët grad an deem Beräich asetzt, wou déi Schwächte sin.

Virun der definitiver Evaluatioun mat Diplomer oder Certificatë misst och déi relativ bürokratesch Evaluatioun mat Punkte bis 60 nuancéiert gin duerch deskriptiv Eva-



luatiounen, déi ee kann um Niveau vum Primaire vläicht e bësse méi staark an herno och am Cycle moyen et supérieur vum Enseignement secondaire a secondaire technique als eng komplementar Informatioun, zousätzlech zu den Noten, asetzen.

Schliesslech - an do ënnerschede mer eis och vun der Schoulpolitik hei zu Lëtzebuerg - wëlle mir e Réaménagement vun der Orientatioun a vun der Schoulorganisatioun. Ech hu schon eng Kéier hei gesot, dass an 11 vu 15 europäesche Länner d'Opdele vun de Schülerinnen a Schüler op déi eenzel Filiëren eigentlech eréischt am Alter vu 15 Jor geschitt. Dat erschengt eis relativ sënnavoll. Et si jo an de leschten 20 Jor hëtzeg Debatten driwwer gefouert gin, ob een dat iwwer de Wee vun engem Tronc commun oder vun anere Methode mécht.

Mir fannen et op alle Fall richteg, wann eréischt mat 15 Jor d'Schüler op déi eenzel Filiëre verdeelt gin. Dat verhénnert dann och esou abstrus Situatiounen, wéi mer se de Moment hun, nämlech dass mer mat héijem Opwand schon am 5. an am 6. Schouljor Schüler op gewëss Filiëren orientéieren, an da musse mer op eemol op 5ème erëm eng Kéier eng Réévaluation maachen, mat engem 5èmes-Examen "light", well déi Orientatioun dann awer scheinbar nët esou effikass war. An eisem Modell geschitt déi Orientatioun eréischt um Niveau vu 5ème oder 9ème, an domat, menge mir, wär et méi liicht, fir ebe Feolorientatiounen vu Schüler, wat jo wierklech och e ganz grouss Problem vum Enseignement as, ze vermeiden.

Ech kommen dann zu deem drëtten a leschte Punkt vu ménger Interventioun, wou ech awer mengen, dass dat dee wichtigste wär, d'autant plus wou deen hei am Plan d'action national total feelt. Dat as dee vum Konzept vum "lifelong learning" als Prophylax géint de Verloscht vun der Aarbechtsplaz während dem Berufsliewen.

An dësem Kontext mengen ech heiansdo hei an der Châmber, mir wieren an enger "Commedia dell'arte", wou mer ënner anerem déi typesch Mask hu vun engem Personnage, nämlech dem "PANTalone". De "PANTalone" an der "Commedia dell'arte" huet heiansdo eng schwaarz Box un an heiansdo eng rout! Ech weess nët, ob dat elo och op eisen Aarbechtsminister zoutreëft. Et si jo Leit, déi soen, hie wär éischter e "PANTokrator", mä op jidde Fall fannen ech, dass an deem Beräich vun der Weiterbildung, sief déi elo berufflecher oder nët-berufflecher Aart, et e formidabel-skurrilen Discours gët, wou an all Sonnesried gesot gët, dat wär dat wichtigst Instrument an der Aarbechtsmaartpolitik, an um Terrain, hei an der Châmber z.B., geschitt iwwerhaupt näischt!

Et kann een elo natierlech d'Schold op de Staatsrot wälzen, well dee Projet läit jo scho säit iwwer engem Jor do, mä wann ech awer zrëckblécken, bei wéi enge Projeten den Avis vum Staatsrot op eemol ganz schnell komm as - ech denken do u Müll- oder Billerdeponien -, da froen ech mech, firwat d'Regierung et nët fäerdegbréngt, de Staatsrot ze motivéieren, dee Projet de loi, dee jo och nëmmen een Aspekt vun der Weiterbildung beréiert, méi séier ze aviséieren.

Zu der berufflecher an anerer Weiterbildung vläicht e puer allgemeng Remarken.

Et as esou, dass nët nëmme soll un deen aktuelle Chômage geduecht gin, well beim aktuelle Chômage hu mer elo, hoffen ech, e bëssen déi Ursaachen erkannt, a mir hu jo och versicht, hei an deem Plang eng Rei vu Mesüeren ze huelen, déi kurativer Natur sin. Mä et muss ee sech awer och einfach drun erënneren, wat gewëss Virdenker eis ëmmer prophezeie fir déi nächst 20 Jor, Virdenker, déi tëscht Davos an der OECD ronderëm schwiewen. Déi schrecken eis jo ëmmer mat Visiounen op, wou och souguer d'qualifizéiert Aarbecht der Rationaliséierung ëmmer méi staark zum Opfer wäerd falen.

Aus deem Grond fannen ech dat och e bësse verkierzt, wat hei säit e puer Jor geeschtert, dass een den Term vu Qualifikatioun ëmmer als Allheilmittel géint den zukünftige Chômage upreist. Et gët einfach manner Aarbecht an den nächsten 20-30 Jor, an déi éischt Mesür - dat as déi, déi mir ëmmer préconiséieren an de Staatsminister nët esou gär gesäit, mä wou en da waarscheinlech dann och dee Moment e bësse méi flexibel muss denken - as déi, dass manner Aarbecht op méi Leit muss verdeelt gin.

Den zweten Aspekt as awer deen, dass déi initial Qualifikatioun, déi mir jo hei an dene Mesüeren och ustriewen an déi muss verbessert gin, awer an Zukunft, waarscheinlech no 5 oder 10 Jor, wäerd erschöpft sin. Da kënnt d'Weiderbildung, an nët egal wéi eng Weiterbildung - déi a Form vu certifiéierte Modular iwwer d'ganzt Liewen ewech - an d'Spill. Där kënnt dann eng entscheidend Bedeutung fir eng stabil Aarbechtsplaz oder fir Chancé beim Réembauchage zou.

Ech wëll awer hei och eng Lanz bréchen, fir d'Weiderbildungsdiskussioun nët op deen Aspekt ze limitéieren, deen de Moment an deem Projet de loi berücksichtig gët. Ech hun dat och an enger Interpellatioun gemaacht, an déi Interpellatioun as leider un dee Gesetzesprojet gekoppelt gin. Ech wäerd mech elo an der Commission de Travail dofir asetzen, dass, wann dee Projet op den Ordre du jour kënnt, awer méng Interpellatioun drükent, well ech hun do awer ënnerscheed tëscht denen dräi Voletë vun der Weiterbildung, déi mir awer indissociabel erschéngen.

- Deen een as jo deen, deen hei am Projet de loi virläit, nämlech den Accès collectif, wou d'Betriber Erliichtungen kréien, wa se eng Weiterbildung ubidden.

- Deen zweten Aspekt, deen natierlech nettement méi komplex as, as den individuellen Accès zur Weiterbildung; wéi arrangéieren ech et, dass d'Bürgerinnen a Bürger an hirer ganzer berufflecher Karriär vu ronn 40 Jor ëmmer erëm e Recht hun, fir nei Modular vu Weiterbildung ze maachen? Ënner wéi engen Ëmstänn kréie se do Congé oder soss Modifikatiounen? Dat as eng Gesetzgebung, déi waarscheinlech d'Ännerung vu ganz ville Gesetzter beinhalt an deementspriedend méi komplizéiert as, mä wou ech awer fannen, dass se indissociabel as vun deem Aspekt vum Accès collectif.

- Da wëll ech awer och nach drop hiweisen, dass et awer och nach e Volet gët vun allgemenger Weiterbildung, der Formation citoyenne. Ech wëll déi awer elo nët an den Eck gedrängt wëssen, esou als Ikebana-Couren oder soss welche Folklor. Ech mengen, wann een e bëssen déi nei Arrivantën um Aarbechtsmaart kuckt - ech hu jo selwer an e puer Betriber sozialer Natur misse Patron

spillen -, dann as et nieft der felender Qualifikatioun awer och ganz vill felend "Débrouillardise" oder Culture générale, déi sech net op d'Opziele vu griicheschen Tempele limitéiert, mä einfach e bëssen en Ëmgank mat sech selwer a mat der Aarbechtswelt beinhalt.

Ech mengen, dass souwuel bei dene Leit, déi elo schon um Aarbechtsmarché sin, wéi och bei den neien Arrivantën do ganz staark Defizitter sin, an där renger Formation citoyenne. Dofir géif ech dofir plädéieren, dass een eng "Volkshochschule" zu Lëtzebuerg oder divers Institutuer vu Formation citoyenne net einfach nieft der Formation professionnelle auslagert, well ech mengen, dass déi zwee Beräicher intim matenee vernetzt sin.

Ech kommen dann zu de Konklusiounen vu ménger Ausféierung.

De Kolleg François Bausch huet jo scho gesot, mir enthalen eis bei dësem Gesetz, virun allem weinst deem net-kompensatoreschen Aféiere vun onnuanciéierter Flexibiliséierung. D'Mme Wagener huet och schon hir Bedenken ausgedréckt. Weinst dësem Aspekt, deen ech elo hei beréiert hun, bräicht ee sech net ze enthalen, well déi Mesüeren, déi do drastin, si jo nach net definéiert duerch déi Reglementer a gesinn esou aus, wéi wa se weder schueden nach notzen.

Ech muss soen, dass ee sech bei der bombastesch inszenéierter "PANtomim" zu dësem Gesetz vläicht hätt kënnen e bësse méi Déifgang a manner Showeffekt erwaarden. Dene vun eis, déi hoffen, an e puer Jor bei der Evaluatioun nach wäerten dobäi ze sin, wäerd sécher de Bonmot vum Heraklit afalen: "PANta Rhei", wat souvill heescht wéi "Es gibt kein bleibendes Sein". An dëse PAN, dee jo méi Schäin as wéi Sein, wäerd och schon no kuerzer Zäit als "PANta Rhei" vun der Aarbechtsmaartpolitik erkannt gin, an ech hoffen, dass et dann dee Moment net ze spéit as fir e "PANthersprong" an eng wirkleech effizient an nohalteg Aarbechtsmaartpolitik.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Mir héieren elo de Staats- an Aarbechtsminister, an uschlëssend gët d'Sitzung fir eng hallef Stonn ënnerbrach. Dono maache mer dann d'Lecture an de Vote vun den Artikelen, wou jo och verschiddelech ee Vote séparé verlaangt as, an d'Motiounen, sou dass dat nach eng Zäitchen an Usproch hält.

Här Staatsminister, Dir hut d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer déi lescht Wochen a Méint, wann iwwer deen nationalen Aktiounsplang iwwer Beschäftegung geschwat a geschriwwen gin as, wann driwwer diskutéiert a cogitéiert gin as, ëmmer geduecht, et wir gutt, wann een um Enn vun esou enger Debat géif eng Ried halen, déi d'Ambitioun vun deem Gesetz reflétéiert, an och emol nach eng Kéier duerstellen, firwat dass eigentlech an dësem Gesetz 26 verschidde Gesetzzer ofgeännert an nei Moossnamen agefouert mussen gin.

Et gët mer klor, um Enn vun deem parlamentaresche Gespräich an där Berodung, dass elo de Moment net méi gin as, fir hei flächendeckend Stellung ze huelen zu all deem, wat as, wat ee sech geduecht huet, zur Aart a Weis, wéi dëst an dat entstanen as, zur Onméiglecheit, bestëmmten aner Saachen ze maachen, wat huet misse gepréift an net konnt gemaacht gin, wat, nodeems et gepréift gi war, nach net direkt konnt gemaacht gin, a wat huet missen aus dem Gedankebouquet vun all denen, déi sech mat där Problematik hei beschäftegen, erausgerappt gin, well et net gepasst hätt bei Land a bei Leit. Dat wir eng Ried, déi ze laang géif gin, an den Här Rippinger hätt gär eng kuerz Ried!

Ech muss trotzdem soen, dass et vläicht awer zum bessere Verständnis vun all deem hëlleft, wann een nach eng Kéier an Erënnerung rëfft - eenzel Kollegen hun et hei gemaacht -, dass de Grondstee fir dat Omnibus-Gesetz vun haut de Beschäftegungssommet den 20. an 21. November 1977 hei zu Lëtzebuerg war.

**Plusieurs voix.** - 1997!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.** - 1997, pardon! 1977, dat war effektiv dat Jor, wou d'Tripartitegesetzgebung komm as. Eenzel Riedner vun der grénger Fraktioun wollten an dësem Projet de loi Saachen eraushuelen, déi schon zënter 1977 an deem Gesetz stin. Dofir hun ech mech, wéi si, ëm zwee Jorzingter géiert!

(Hilarité et interruption)

Dec gringen Afloss as net ze bremsen, mä et weess ee sech awer ze wieren, wann ee vu lauter Efeu op eemol riskéiert, d'lëtzebuergesch Realitéit net méi richtig ze gesinn!

Den Ausgangspunkt war dee Beschäftegungssommet vum November 1997, a mir waren eis eens gin, hei zu Lëtzebuerg, no enger Debatt, déi mer a gudder Erënnerung hun, vum 13. November 1997 hei am Haus, dass mer dat sollte mat dene Methode probéieren, a méi national-konkret Formen ze kréien, déi mer ëmmer hun, wa mer grouss sozial an ähnlech gelagert Problemer undisputéieren.

Dofir hu mer d'Tripartite ageruff an en nationalen Accord iwwer d'Aarbecht probéiert ze kréien, an dee finalment och kritt, well all d'Patronaatsorganisatiounen, all d'representativ Gewerkschaftsorganisatiounen aus dem privaten an öffentleche Secteur an d'Regierung sech leschten Enns konnten op en Accord enegen, deen et an där Form an anere Länner net gët, generell net gët, net bei der Ëmsetzung vun den Décisiounen vum Sommet Emploi, a wou déi Länner, déi amgaange sin, en ze sichen, sech enorm schwéier din, iwwer den theoreteschen Usaz eraus e Stadium ze erreechen, deen e konklusivt Handele vun öffentlechen a privaten Hänn géif erkenne loosse.

Dee Projet de loi, dee mer gemaacht hun, hat eng gutt parlamentaresch Distanz hannert sech ze bréngen. En as am August vum leschte Jor déposéiert gin, an e gët am Februar vun dësem Jor gestëmmt. Dat war laang, 5 Méint, mä wéivill Gesetzzer kréie mer soss eigentlech gestëmmt, 5 Méint no hirem Dépôt? Mat Sécherheet keng 26!

An haut stëmmt d'Parlament, nodeems mer et diskutéiert hun, e Gesetz, wou 26 Gesetzer ofgeännert gi sin a wou am Normalverfäer 26 verschidde Projets de loi hätte misse gemaacht gin! Insofern wëllt ech bei aller Verdrësserlecheit driwwer, dass mer dat nët schon am Dezember konnte stëmmen, hei ausdrécklech méng Unerkennung all dene soen, déi un deem Gesetz hei am Parlament geschafft hun, well esou evident as et nët, fir sech duerch déi Vielfalt vun Dispositionen heteroklitischster Aart duerchzeangelen, fir dann op e koordinéiert Gesetzeswierk ze kommen, wat nët verréit, wat ofgemaacht gi war, keng Ambitiounen ënnerwee verluer huet an handwierkleche Schlëff op Plazen huet, deen et a senger éischter Fassung nët ëmmer hat!

Dofir wëll ech méng Unerkennung besonnesch denen zwee Rapportereuren, de Kollege Lux a Glesener, soen, an alle Membere vun där Spezialkommissioun, déi mer gebilt haten. Ech hat d'Geleënheet - well déi Geleënheeten huet ee missen notzen -, fir an där Spezialkommissioun ze sin, an dat war éischters eng gutt Aarbechtsatmosphär an zweetens och eng grëndlech Fassong vun alle Kollegen, déi an där Kommissioun waren, fir un déi Affär hei erungeen.

Ech hat och d'Geleënheet, ausserhalb vum parlamentaresche Raum, an der liberaler Fraktioun, eng Kéier méng Menung dozou ze soen, an ech fannen, dass dat eng flott Aart a Weis as, fir zesummenzeschaffen, an déi erkläert iwwregens och, firwat dass ee Gesetzesprojet, iwwer deen esou vill, och an d'däischer Kontrovers eran, diskutéiert gin as, de Wee vum Knuedler an d'Dréckerei, fir an de Mémorial ze kommen, untrëtt, ouni dass, souwäit wéi ech dat konnt aus de Rieden eraushéieren, ee géint dat Gesetz gestëmmt hätt.

Esou wäit ech d'Kollege vum ADR verstanen hun, enthalte se sech bei deem Gesetz, esou dass ech mengen, dass keen dergéint stëmmt. Et as dat, wat ech wollt soen. An d'Kollege vun der liberaler Fraktioun, woufir ech ausdrécklech merci soen, well esou normal sin déi Saachen nët, stëmme fir dat Gesetz. Dat as nët eng Demissioun virun egener Fantasie a virun egener Verantwortung, dat as, esou wéi d'Saache sin, eppes wat Unerkennung verdingt, a wat een nët esou séier däarf vergiessen.

Fir wat eigentlech an engem Land, wat deen Niveau vun Aarbechtslosegkeet huet, wéi eist, d'Iddi op Grond vun den europäeschen Texter, déi déi 15 Regirunge bannen? An dofir kann een dat roueg kritiséieren.

Ech huelen zur Kenntnis, dass déi Gréng an den ADR fannen, dat wir alles näischt gewiescht. Ech soen Iech, et wir genau d'selwecht gi wéi dat, wat do steet, jhust e bësse manner gutt, wann d'Lëtzebuerger Regierung aus ADR a Gringer zesummegeat wir. Ech weess nët, ob déi Présidence vum europäesche Conseil esou vill Entrain hätt kënnen entfachen, dass déi 14 aner automatesch de Koppelabunz hannertzeg gemaacht hätten, fir sech denen Asiichten an Usiichten, déi schwéier iwwereneenzebréngen sin, unzeschléissen, an e ganz anert Europa vu Beschäftegung a vun Aarbecht op de Wee ze bréngen, wéi dat, wat mer mühslegst probéiert hun - ouni dass ee mat allem kann zefridde sin -, vun der Plaz ze kréien.

Ech si schon der Menung, dass ee Land, wat relativ wéineg Aarbechtslosegkeet huet, awer een nationalen

Accord iwwer Aarbecht brauch, well Aarbecht as keen neutrale Virgank am Liewe vun de Mënschen, as nët eng bestëmmten Zäit vum Liewen, déi een ausserhalb vu senger Fräizäit verbréngt, mä as e gewaltégt Stéck Liewen, a sech dorëms ze bekëmmere, sech deem unzenäheren, ze kucken, wéi een dat esou dréinen a kéiere kann, fir dass dat weiderhi bei d'Leit passt, an dat an engem breet méiglechte Konsens ze maachen, dat as schon de Versuch wäert. Dat as en och dann nach wäert, wann ee wéi dës Jor feststellt, dass contrairement zu enger, och an dëser Debatt, ëmmer erëm geäusserter Duerstellung, d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg amgaang as zrëckzegoen. Si as ëm iwwer 5% am Jor 1998 gefall. An d'Beschäftegung as ëm iwwer 4% an deem selwechte Jor an d'Luucht gaangen, wouraus resultéiert, dass et nët e capriciéist Festhalten un enger eng Kéier gewonnener Iddi as, déi d'Regierung soen deet, eng legal Reduzéierung vun der Aarbechtszäit, dat wir nët de Wee, mä et as einfach d'Liese vun der nationaler Realitéit, déi een zur Iwwerzegung bréngt, dass een eesäitegt Virpresche vum Législateur fir d'Wochen- oder d'Joresaarbechtszäit ze reduzéieren, déi lëtzebuergesch Problemer um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart nët wäerd léisen.

Dat Gesetz, wat d'Regierung Iech biet ze stëmmen, as ee Gesetz, wat aus Lëtzebuerg ee méi staarke Stat mécht, wéi e virdrun ee war, well et as d'Engagement vun allen, déi Verantwortung droen an der Wirtschaft, Patronat a Gewerkschaften, wéi och d'Engagement vu Parlament a vu Regierung, fir prinzipiell, och an engem Land, deem séng Aarbechtsmaartproblemer schmuelt sin, keen hanken ze loossen a kee stoen ze loossen, mä fir sech no Méiglecheit ëm jidferen ze beméien, dee keng Aarbecht huet, riskéiert keng Aarbecht ze fannen, riskéiert keng Aarbecht ze kréien.

Déi Propositionen, déi mir an der Tripartite gemaacht hun, déi Elementer, déi mir an de Projet de loi integréiert hun, déi Dispositionen, déi vun der Parlamentskommissioun esou gestrafft gi sin, dass se sech am estheteschen an an der administrativer Duerchföierung wesentlech méi liicht maache loosse wéi déi Instrumenter, déi mer bis elo haten, weisen dat, wat ech elo grad gesot hun, well déi temporär Auxiliaireskontrakter, déi kënnen ofgeschloss gin, d'Aart a Weis wéi déi Insertionsstage gemaacht gin, déi embrasséieren an enger grousser Bewegung souwuel Regierung, wéi Verwaltung, wéi och déi Leit, déi an de Betriber an op der Gewerkschaftszeen Verantwortung iwwerhuele mussen, well an dëse Mesüeren et an Zukunft esou as, dass jidferce sech engagéiert bestëmmte Mesüeren ze huelen.

Eng vun den Ofmaachunge mat de Sozialpartner as, dass Betriber sech engagéieren, um Wee vum Kollektivvertragsweise bestëmmte Méiglechketen an hiren Entrepreneuren opzemaachen, fir dass Leit, déi keng Aarbecht hun, zu Aarbecht kommen, doduerch dass se Aarbecht begéinen an Aarbecht kenne léieren. Dat hei as ee Plang, fir d'Aarbechtslosegkeet mat Aarbecht ze bekämpfen. Een, deen déi Philosophie nët deelt, een, deem deen Usaz nët schmaacht, dee kann de Rescht an dat Ganzt vun dësem Gesetz och nët verstoen.

Et as nët duerch d'Dréinen un enger grousser Schrauf, wou mer d'Aarbechtslosegkeet wëllen zrëckdréinen, mä et as d'Dréinen u ville Schrauwen, mat dem feste Wëlle

vun all denen, déi bedelegt sin, dass jidferen op sénger Plaz an a séngem Eck d'Méiglechketen opmécht, fir dass dat hei eppes ka gin.

Onerwähnt as an deem Zesammenhank zum Beispill eng Dispositioun vum Gesetzesprojet bliwwen, wou dra steet, dass d'Kollektivvertraagsparteien, wa se e Kollektivvertrag ënnerschreiwen, musse weisen, wéivill Aarbechtsplazméiglechkeete se iwwer dëse Wee an hire Verhandlungen dann opgemaacht hun. A wa se drop verzichten hun, fir dës Instrumenter nët ze notzen, musse se schreiwen, se hätte bewosst drop verzicht, fir dës Instrumenter nët ze benotzen, wat enger sozialer Pädagogie relevéiert, déi nët noutwenderweis gutt as, mä déi awer Leit ënner Vollzugszwang soll stellen, wa se sech vertraglech enegen.

Déi Iddi, fir all Mënsch, dee keng Aarbecht huet, e Kompetenzbilan ze gin, fir dass ee gesäit no enger gewëssener Zäit, wat engem, deem eng Aarbecht sicht, felt, fir dass en eng Aarbecht ka fannen, wouru muss geschafft gin, un him, méiglecherweis ronderëm him, fir dass e méi apt gët, fir eng Aarbechtsplaz unzehuelen, as eng wichteg Saach, well et as d'Iddi vun dem individuellen Traitement vun deem, dee keng Aarbecht huet, deem eng Aarbecht sicht, an dee gären eng Aarbecht hätt. E soll iwwer sech selwer méi wëssen, wéi ëmmer nëmme mussen zrëckzekucken op séng Vergaangenheet; vun där weess e bal alles. E muss léiere séng Vergaangenheet esou ze beschreiwen a beschreiwen ze loossen, dass sech doraus och Perspektivesches fir d'Zukunft ergët. Dat heescht, dass de Stat muss méi staark gin a méi staark wärd gin, wann en déi do Approche wíelt, fir Aarbechtslosegkeet duerch Aarbecht a Solidaritéit mat villen organiséiert hinze kréien.

E Stat, deem nët wíllt de Chômage akzeptéieren, och wann en es nët vill huet, an dee wíllt alles maachen, fir dass Lëtzebuerg nët an d'Lager vun dene Staten an Europa ofrëtscht, déi sech duerch Massenaarbechtslosegkeet haut schon auszeechnen, dofir musse mer supplementaart Personal och astellen. Dat as hei am Wesentleche vu kengem kontestéiert.

Och gët iwwregens d'Schwaarzaarbecht méi bekämpft duerch dëst Gesetz. De Kolleg Niki Bettendorf huet gëschter a sénger Ried gesot, do wíren eenzel Sanktiounen gestrach gin, déi am éischte Projet dra waren. Ech wíll soen, dass dat nët de Fall as. Déi sin op där Plaz gestrach gin, wou se stongen, a sin op enger anerer Plaz duerch eng Referenz zrëckgehol ginn, esou dass de Code pénal sech an Zukunft do applizéiert. Dat as elo den Artikel 12 vum Gesetz iwwer de Congé parental gin. Wat mech awer nët wärd drun hënneren, déi Motioun unzehuele vun de liberale Kollegen, mä ech wíll soen, par rapport zum Projet de loi initial as näischt geännert gin, an et kënne méi Leit agesat gin, fir d'Schwaarzaarbecht ze bekämpfen, wéi dat jemoools virdrun de Fall war, well mer eng Rei vun Agenten elo benannt hun als déi, déi bei där Übung och kënne tätég gin.

Wann dat heite Gesetz also e Stat bréngt, dee méi staark as, da bréngt et och e Stat, dee besser as, an dee méi gerecht as, an deem och méi komplett as am politeschen Usaz, fir un d'Problematik Aarbechtsmaart, Be-

schäftegung a Rescht vum gesellschaftleche Liewen erunzegoen.

Eischstens emol kommen hei eng Rei vun Impulser, wat d'Beruffsausbildung ubelaangt. Déi Dispositiounen, déi hei am Gesetz stin, fousse ausdrécklech op engem Wonschkatalog, deem eng speziell Tripartite "Formation professionnelle" zesummegebroen huet, mat dem Accord vun alle Partner an der Beruffsausbildung. Dat sin d'Bertriber. Dat as de Stat. An dat sin d'Beruffschâmbere. Et kann een dat alles besser wësse wéi déi. Wann ee schon emol nëmme dat mécht, wou se alleguer d'accord sin, eng Hand mat unzepaken, dann huet ee scho ganz vill gemaacht, an dat gët selbstverständlech utilerweis compléiert duerch déi einschlägig Dispositiounen vun deem Gesetzesprojet iwwer d'Formation continue, wat déi eigentlech längerfristeg Äntwert op de Problem vun der Aarbechtslosegkeet as, an eigentlech och Ängschtlechkeet aus de Käpp vun de Leit eraushëlt, wa se liewenslänglech fit a flott gehale gi fir den Aarbechtsmaart a fir hiirt Liewen iwwerhaapt. D'Regierung huet viru längerer Zäit schrëftlech beim Conseil d'Etat gefrot, dass dee Gesetzesprojet sollt aviséiert gin.

Wann ech soen, dee Stat gët besser an e gët méi gerecht, a wann ech soen, den Usaz as ee vernetzten, deem hei gewíelt gin as, dann trëfft dat virun allem zou fir den Elterenurlaub, dee jo diskutéiert gin as, wéi wann et e Fremdkörper misst sin an de Käpp vun denen, déi sech mat Aarbechtsmaart a Beschäftigungspolitik beschäftegen. Dat as ee Stéck Rezentrierung op essentiell Froen, deem Elterenurlaub, well e kombinéiert an engem Ulaf e beschäftigungspolitesch Zil mat eppes, wat familjepolitesch wëschenswäert as, a wat gesellschaftspolitesch längerfristeg betruecht, gréisser Effekter an Impakter wärd produzéieren.

Alleguer déi, déi un där, wéi ech fannen, staark theoretescher Debatt deelhuele, nët ëmmer andeems se déi beräicheren, ob dat do Familjepolitik oder Beschäftigungspolitik as, verkennen, dass et déi zwee as, an dass dat eng onkomplett Moosnam wir, wa se nët géif probéieren déi zwee esou ze geroden, dass gesellschaftspolitesch sech eppes ännert. An et as och dofir, wou den europäesche Rot vu Wien - dat war am Dezember vum leschte Jor -, séng lescht Leitinnen iwwer europäesch Beschäftigungspolitik ergänzt huet ëm den Hiwäis op d'Noutwendegkeet, de Congé parental an aner Congésforme wann ech glift dach beschäftigungspolitesch ze gesinn, an ze probéieren aus der Tatsaach, dass duerch familjepolitesch Moosnamen - fir an där e bësse singulärer Rhetorik ze bleiwen - Aarbechtsplaze fräi gin, dat esou ze maachen, dass anerer, déi keng Aarbecht hun, d'Méiglechkeet kréien, méi séier an den Aarbechtsmaart eranzewuessen.

Et as laang Méint esou diskutéiert gin, wéi wann et de Congé parental nëmme géif zu Lëtzebuerg gin. An et as zu Recht vu Kollegen hei drop higewise gin, dass mer souwéisoou mussen e Congé parental vun dräi Méint Dauer aféieren, an zwar fir Männer a fir Fraen. An d'Lëtzebuerger Regierung huet och zu Bréissel ëmmer zu dene gehéiert, wéi d'europäesch Direktiv gemaacht gin as, déi gesot hun, dat dierft ebe keen transférable Congé gin, mä et misst esouwuel Mann wéi Fra eng bestëmmte Proportioun vun deem Congé huelen.

Elo hu mer sechs Méint doraus gemaacht. An hei maachen onendlech vill Leit, an deser Debatt wéi an anere Gespréicher, esou wéi wa Lëtzebuerg domat dat Land wir, wat dee längste Congé parental hätt. Ech wëll lech soen: Mir sin dat Land, wat deem zweetkierzte Congé parental huet, wa mer dat heite Gesetz stëmmen, well praktesch alleguer déi aner Länner méi laang Elternurlauber hun, wéi mer dat elo hei zu Lëtzebuerg hun. Richtig as: Et gët kee Land, wou de Congé parental op esou eng zefriddestellend Aart a Weis rémunéiert gët wéi zu Lëtzebuerg, mä et gët Länner, déi hun 3 Jor Congé parental mat engem Recht fir erëm op déi Aarbechtsplaz zrëckzagoen, déi ee verlooss huet, ier een de Congé parental ugetrueden huet. E fiktivt Recht a groussen Deler vun dene Länner, well en esou wéineg gutt rémunéiert gët, dass déi wéinegste Leit effektiv e Congé parental vun dräi Jor iwwerhaapt kënnen huelen.

Déi Optioun, déi mir haten, dat war, entweder am gréisste Kaméidi mat de Patronaatsorganisatiounen e Congé parental vun dräi Méint ze maachen, ouni de Wee ze sichen zur Aarbechtsmaartsituatioun, oder e Congé parental vu sechs Méint ze maachen, en anstänneg ze rémunérieren, dene Leit, déi dervu profitéieren, e Recht op Reintegratioun ze gin, an de Schulterschluss ze probéieren tëschent Beschäftigungspolitik a Familjepolitik. Et as déi Optioun, déi mir gewielt hun. Nodeem d'Sozialpartner, déi mir gebieden haten iwwer de Wee vum Kollektivvertrag, déi Direktiv, déi d'europäesch Sozialpartner ausgehandelt haten, déi vun zweemol dräi Méint, selwer ëmzesetzen, gescheitert waren, huet d'Regierung musse Propositione maachen, fir dee Congé parental am Konsens ze maachen, an nët géint déi kleng Betriber, an nët ouni d'Verständnis vun dene groussen Betriber, an andeem mer Uknäppungspunkte gesicht hu mat anere Suergen, déi et an der Gesellschaft gët, an déi ee muss begéinen.

A leschten Enns sin ech e bëssen iwwerrascht iwwer vill Ofwierendes. Dass een dem Congé parental mat Nodenklechkeet begéint, dat kann ee gutt novollzéien, mä dass een ëm oflenend géintiwertëtt, as erstaunlech am politesche Raum, well mir keng Partei bis haut bekannt war, weder eng, déi heibannen as, nach eng déi wëllt hei erakommen, nach eng déi hei wärd erausfalen, déi jemoools gesot hätt, et soll een nët Méiglechkeet sichen, fir Berufsliewen a Familjeliewe besser mateneen a Kombinatioun ze bréngen. Wat as dat da fir eng Welt, wa mer sonndes op eise Kongresser soen: Et muss een alles maachen, fir dass d'Leit, wa se wëllen, hirer beruflecher a professioneller Aktivitéit kënnen nogoen, an dann eis d'Instrumenter nët gin, wa se do leien, a se esou zesummefügen, dass dat e grousst Ganzt get, wou all déi Suergen, déi d'Gesellschaft muss bedingen, begéint gin.

An dann as et e Beitrag zur Gleichstellung, well hei déi selwecht Offerte u Fraë wéi u Männer geet, an u Männer wéi u Fraë geet, a well mer d'Méiglechkeet eben écartéiert hun, dass déi klassesch Verhalensformen am Stot an an der Koppel hei sech géingen definitiv duerchsetzen, déi logescherweis derzou pousséieren, dass d'Fraë géifen de Congé parental huelen an d'Männer nët, a se dann no dem Congé parental de facto nët méi géifen an d'Betriebsrealitéit zrëckkommen. Neen, deem Usaz hu mer nët gewielt, mir hun deem ëmgedréinte gewielt, well heivun och e Stéck Equiliber an der Gesellschaft ausgeet,

nët een Equiliber, deem een eidele Buschtaf bleift, mä en Equiliber, dee sech iwwer dese Wee rémunéiert, an dee sech prolongéiert duerch eng Rei vun aneren Dispositionen am Gesetz, beispillsweis déi, dass d'Betriber mussen hir Dieren opmaache fir déi Fraen a Männer, mä haaptsächlech Fraen, déi, wa se fort sin an enger Form vu Congé, mussen Zougank kréien zu de Weiderbildungsmaassnahmen, déi déi Betriber huelen. Fir also esou ze maachen, wéi wann an der Weiderbildung iwwerhaapt keen Usaz dra wir, deem nei wir, as natierlech eng verkierzte Lecture vun deem Gesetzestext hei. Déi Iwwerleung, fir e méi gerechten a besser équilibréierte Stat ze hun, déi stong och Pätter bei der Iddi, fir hei de Sexe sous-représenté als eng ze bedingend Gréisst vun der Beschäftigungspolitik ze reaniméieren.

An deem éischte Projet vun der Regierung hu mer nëmme vu jonke Fraë geschwat, déi sollte besser behandelt gi wéi jonk Männer um Aarbechtsmaart. Ech hun zur Kenntnis mussen huelen, dass wann een eng Moossnam virschléit, déi eigentlech nëmme fir d'Fraë soll sin, dass et da vill, nët nëmme Rechtsgeléierter gët, déi all Virtualitéit vum Verfassungsrecht wierklech bis hannenhi kënnen begoen, fir da feststellen, dass dat do nët conforme zur Konstitutioun wir. Wa mer esou eppes fir d'Männer gemaacht hätten, sin ech nët esou sécher, ob d'Verfassungsrecht sech esou engem ökumeneschen Interessen hätt kënnen erfreien, wéi dat op eemol de Fall war, fir hei nëmme eppes sollt fir d'Fraë gemaacht gin.

Et war eng gutt Diskussioun, déi mir haten, an déi verfassungsrechtlech Awänn, déi virbruecht gi sin, waren och vum streng Juristeschen hier nët vun der Hand ze weisen. An du si mer zrëckgefall, wéi de Conseil d'Etat och eng Opposition formelle annoncéiert hat, op een Text, dee mir um Sommet Emploi - dat war déi lamentabel Veranstaltung, déi mir am November 1997 zu Lëtzebuerg haten -, zrëckbehalen haten. Do hate mer dervu geschwat, dass ee speziell Moossname fir de Sexe sous-représenté misst maachen. Do wollte mer méi prezis sin wéi deem onkonkrete Sommet, an du si mer zrëckgeworf gin op déi méi onkonkret a vague Formulierung vun deem hei als iwwerflësseg beschriwwene Sommet, an elo huele mer dat an eis Gesetzgebung op, a mir sin - Kollege vun alle Gruppen eigentlech -, an der Kommissioun zur Schlussfolgerung komm, dat do wir eng Aart a Weis, fir dat méi korrekt ze beschreiwen an och instrumental ze steieren, woubäi ech hei wëll soen, dass d'Absicht jo war, besonnesch am Beräich vun der Fraëbeschäftigung Fortschrëtt ze maachen. Den Text wärd och esou interpretéiert gin, an den Handling dervu wärd sech och éischer un deem Souci inspiréiere wéi un aneren.

Wann ech dervu schwätzen, dass dat Gesetz hei zu engem méi équilibréierte Stat fëiert, mengen ech och domat, dass hei Leit eng Chance kréien, déi manner Chancen duerch d'Liewe kritt hun. Mir hun hei e groussen Pak Moossnamen dran fir handicapéiert Aarbechter a Beamten. Éischters stelle mer der méi an. 50 un der Zuel all Jor. Mir wollten der jo schon d'lescht Jor 50 astellen, mä dofir as d'Gesetz ze spéit gestëmmt gin. Am Jor 1999 50 Stéck, an dat muss een nach e puer Jor viruféieren, well de Stat sénge gesetzlechen Obligatiounen muss no kommen. D'Gemenge maachen dat nët, an dofir hëllef mer de Gemengen, dass se méi Leit aus deem méi schwi-

regen Aarbechtsgrupp vun den Handicapéierte kënnen beschäftegen, doduerch dass mer de Gemengen déi selwecht Hëllef gi wéi déi, déi mir de Privatbetriber gin, wa se handicapéiert Matbiirger astellen.

A mir hun och d'Notioun selwer vum Handicap staark étendéiert, andeem mer eis zum Deel op eng Proposition de loi vum Kolleg Bettendorf gestäipt hun, zum Deel op Aviën, déi mer vun dene verschiddenste Conseils supérieurs ageholl hun, vun denen een ëmmer mengt, si wire fir näischt gutt, mä si sin awer heiansdo gutt, fir engem richtig Tippen ze gin, andeem mer nogelauschert hun, wat dobause lass as, andeem dass mer esou formuléiert hun, dass een, deen e schwéieren Alkoholproblem huet, een, deen e schwéieren Drogenproblem huet, an Zukunft och ka vun engem Betrib, well en e "Risikofacteur" as an den A vum Betrib, esou geholl gin, wéi wann et en Handicapéierte wir, doduerch dass de Betrib déi selwecht prozentual Lounbedelegung kritt, wéi wann dat esou wir. Et as also méi, wat sech do hannendru verstoppt. An et as méi an der Déift gegruewe gi bei all deem, wat hei proposéiert gët, wéi dat bei enger séierer Lecture an enger séierer Debatt eigentlech erschénge kann.

E méi équilibréierte Stat, hun ech gesot, och well hei eng Offensiv fir méi Selbstännegkeet gestart gët. Dat as op ville Bänken heibannen ëmmer gefrot gin. Dat war eng vun de Grondachse vun der europäescher Beschäftigungspolitescher Approche, déi mir gewielt haten am November 1997, an dat fënt een an dësem Gesetz erëm, ënner anerem doduerch – et war de Wonsch vun eenzelnen am Parlament – dass d'Indépendantën hirer Beitragspflicht an der Kannergeldkeess enthuewe gin, an de Stat an d'Finanzéierungsempäss, déi dann entstin, antrëtt. Dat fënt een doduerch, dass et méi liicht gët, Filialen opzemaachen. Dat fënt een an dene steierlechen Erliichterungen, déi komm sin, wann een e Betrib iwwerhëlt vu Membre vun der Famill. Dat fënt een doran, dass all méiglech Fräibeträg, déi déi independent Aktivitéite solle favoriséieren, staark erhéicht gin.

Et as also e Gesetz, wat ee méi staarke Stat bréngt, e besser équilibréierten, e méi gerechte Stat, a gläichzäitig a kontrodiatorescherweis bréngt et och wéiniger Stat. Et as jo nët gesot, dass méi Stat ëmmer heescht e bessere Stat. Wéiniger Stat as och oft e bessere Stat. Hei kritt, wat eenzelner muss freën, den Aarbechtsminister eng Hellewull vu Kompetenzen ewechgeholl, déi e bis dohin, heiansdo zënter dem Ufank vum Jorhonnert, hat. Doduerch, dass den Aarbechtsminister ersat gët duerch d'Sozialpartnerschaft, duerch déi zwee Sozialpartner, gët et manner Stat an der Aart a Weis, wéi d'Liewen an de Betriber organiséiert gët, as eng regelrecht Virfaart fir d'Sozialpartner agefouert gin, an et as grad wouer an dem Beräich vun de Referenzperioden, wou bis elo den Aarbechtsminister eleng war. Dee konnt Referenzperiode maachen, wann d'Betriber se gefrot hun. Et as zu Recht hei ënnerstrach gin, dass en dat nët oft gemaacht huet. Et as elo un anerem, fir dat ze maachen, wa se d'Noutwendegkeet an hirem Secteur, an hirem Betrib spiren, fir esou eppes ze maachen.

Falsch as d'Duerstellung, déi eenzelner vun dësem, a méngen Aen nët onwichtige Gesetz gin, wa se soen, hei géif vun enger frenetescher Flexibiliséierung Diren a Fënsteren opgemaacht gin. Dat kann ech nët erkennen.

Ech gesinn nët, dass hei frenetesche dereguléiert gët. Ech gesi jhust, dass hei minimal assoupléiert gët. Dotëschent leië grouss konzeptuell Differenzen.

Déi Lëtzebuerger Regierung huet, souwuel heiheem wéi och an Europa, sech dacks ganz eleng gewiert géint déi stupid, wéll a blann Dereguléierung, Dereglementéierung a Flexibiliséierung ouni Grond. Mir hun eis gewiert géint déi Winnermentalitéit, déi tëscht Davos - wou ech zënter 10 Jor d'Invitationen nët unhuelen -, an anere Gebirgslandschaften vehikuléiert Virstellungen, dass déi Beschäftegt eigentlech d'Géigner vun der Entreprise an d'Géigner vun der Beschäftegung sin. Géint déi hu mir eis ëmmer gewiert.

Mir kann ee viles hei erklären – soen ech virun allem de Kollege vun der grénger Fraktioun -, mä mir kann een nët erklären, wéi een derfir suert, dass am ege Land, a wéi ee plädéiert, dass am Ausland esou wéineg wéi méiglech déi Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen, hir Schutzrechter ewechgeholl kréien.

Dir kënnt mir hei Lektionen iwwer d'Dräifallegkeet an iwwer d'Geschlecht vun den Engelen dispenséieren. Do as mäi Wëssensstand ähnlech kleng wéi Ären, mä léiert hei nët d'Lëtzebueger Regierung a speziell nët deen, deen hei schwätzt, ënnerriicht en nët an der Aart a Weis wéi e säin Aarbechtsrecht esou mécht, dass et nët ausrengerappt gët, dass et nët a Stécker geluegt gët.

Mir hun an der Europäescher Unioun, an engem Moment wou vill aner Regierungen, nämlech alleguer, déi aarbechtsrechtlech Protektiounsniveaue no ënne gefouert hun, eis aarbechtsrechtlech Protektiounsniveaue no uewen ugepasst, an esou zwar, dass mer iwwer zéng Jor pausenlos vu villen, heibannen an ausserhalb vum Haus, gesot kritt hun, mir géifen eist Aarbechtsrecht esou rigid maachen, dass d'Beschäftegung zu Lëtzebuerg géif zrëckgoen. Si as jo awer nët zu Lëtzebuerg zrëckgaangen, trotz denen Elementer vu supplementärer Rigiditéit. An et as nët d'Absicht vun der Regierung gewiescht, an et as se och nët, fir vun där Politik ofzeloossen. Dat kann eis allerdings nët vun der Noutwendegkeet dispenséieren, dat ze maachen, vun deem mer mengen, dass et misst gemaacht gin, an dat ze maachen, vun deem d'Leit scho laang gemengt hun, egal wat mir gemengt hun, si missten et maachen. An et gët einfach ganz vill Betriber, déi sech mat hire Beschäftegten an engem Raum vu Souplesse zesummefond hun, dee souwuel hire Betrib arrangéiert huet wéi séier oft och déi Beschäftegt, déi an deem Betrib schaffen. An dat Wesentlech, wat hei geschitt as, as eigentlech, fir dat Stéck Realitéit, wat ennerwee as, an een Text ze bréngen, esou dass déi Illegalismen, déi sech an eis sozial Landschaft ageschlach hun, duerch eppes ersat gin, wat kohärenter Gesetzgebung entsprécht.

Et war gefrot gin am Kader vun der Flexibiliséierung, am Kader vun deem nationalen Accord fir Aarbecht, fir d'Aarbechtslosenënnerstëtzung no ënnen ofzesenken. Et war gefrot gin, fir d'Mindestloun ofzeschaffen. Et war gefrot gin, fir d'Indexatioun vun de Léin a vun de Gehälter ofzeschaffen. Et war gefrot gin, fir d'Regel, dass een Aarbechtsvertrag een onbefristete soll sin, duerch d'Regel ze ersetzen, dass een Aarbechtsvertrag am Prinzip soll befristet gin. Et waren eng Hellewull vu Reformvirschléi am Beräich vum Kënnegungsschutzrecht, notamment vu



Patronaatssäit, virbruecht gin. Alleguer déi massiv Deregulierungsversich, déi laanscht d'Realitéit vum den normale Leit a vum engem Land, wat esou gewuess as wéi eist, gaang sin an nüt dobäi passen, si vum der Regierung nüt proposéiert gin.

Fir dann ze soen, dass d'Aféierung vum där Referenzperiod vum engem Mount elo den definitiven Ausstieg aus der Lëtzebuerger Sozialtraditioun wir, dat as, wéi ech fannen, e staarkt Stéck. Dat hei as minimal Souplesse, déi d'Leit brauchen, déi d'Leit ganz oft sech och selwer scho gin hun, heiansdo méi para a contra legem wéi en fonction vum enger Gesetzesgebung, déi dat nüt zougelooss huet.

Dat as esou pertinent, dass esouguer déi gréng Kollegen an der Châmbrekommissioun een Amendement abruecht hun, aus deem resultéiert, dass a Betriber ënner 20 Leit eng Referenzperiod vum engem Mount de mise soll sin. De Kolleg Bausch huet dat, wéi ech fannen, propper motivéiert, jhust wäit iwwer 60% vum de Lëtzebuerger schaffen a Betriber, wou manner wéi 20 Leit schaffen. Dat heescht, mir si fir déi gréissten Zuel vu Beschäftegten, an deem wat d'Regierung proposéiert an an deem, wat déi gréng Fraktioun alternativ derzou wollt proposéieren, strictement enger Meinung. Dat as genau dat selwecht.

Fir déi aner Leit kënnt d'Kollektivvertraagswiesen zum Zuch, gemäss dem Motto: fräi Virfaart fir d'Sozialpartner. Nüt méi den Aarbechtsminister regléiert, esou wéi bis haut, mä d'Sozialpartner regléieren. Déi, déi op der Plaz wëssen, wat richtig a wat falsch as fir hir Entreprise, fir hir Leit, déi hun d'Suerg, fir d'Fro vum der Aarbechtszäitorganisatioun ze regléieren an ze gestalten.

As et un eis, fir ze soen: "Mir wëssen dat besser"? As et un eis, fir ze soen: "Dir wësst, wéi an Ärem Betrib geschafft gët, Dir wësst wéi Är Leit gäre géife schaffen. Dir wësst zwar, wat d'Contraintë vum Ärem Betrib sin, mir soen Iech awer elo wéi et geet"?

Et kann dach nüt sin, dass de Stat alles besser weess. Mir wäer jo dann dat eenzegst Land wou et esou eng Politik géng gin. Dat wat mir hei aféieren as wäit dovun ewech. D'Divergenzen, déi mir hun, leien nüt an de grondsätzlechen Approchen déi ech hei héieren hun. Mä an der Aart a Weis wéi een dat mécht soll een nüt iwwerdréien.

Ech wëll dene Grénge soen, dass eis an der Fro vum der Flexibiliséierung keng Welten trennen. Do trennt eis eenzeg an aleng eng Stonn an dene Betriber, wou méi wéi 20 Leit schaffen. Dir hut proposéiert, dass an de Betriber iwwer 20 Leit déi Referenzperiod nëmme kéint gemaacht gin, wann op d'mannst d'39-Stonne Woch an dene Betriber géng agefouert gin. Eis trennt keng Philosophie, eis trenne keng Welten a keng Kontinenter, mä eis trennt eng Stonn. Dofir géng ech mengen, dass et richtig wär, wann een déi Divergenzen, déi ee kann hun, och als déi géif beschreiwen déi se sin. Déi si relativ minimal. Et soll een hinne keng maximal Rhetorik mat op de Wee gin, wann dat nüt denen Inhalter entsprécht, déi déi eng an déi aner an de Virberedungsdebatte virbruecht hun.

Ech hu gesot, et wär en Accord iwwer déi national Aarbecht. Wéi soll een en Accord iwwer déi national

Aarbecht ofschléissen, wann een nüt iwwer d'Lounentwécklung schwätzt? Fant Dir et richtig, dass cenzel Kollegen heibanne bal de Geck mat de Gewerkschafte maachen, an och averstane waren en Accord iwwer eng Modération salariale ofzeschléissen? Solle mir eis nüt félicitéieren, dass mir hei zu Lëtzebuerg Gewerkschaften hun, déi d'accord sin, dass d'Léin manner séier wuesse wéi d'Produktivitéit?

A wat fir enger Situatioun wäer mir, wat d'Inflatioun an d'Indexéierung vum de Léin an de Gehälter ubelaangt, wann eis Gewerkschaften déi lescht Joren opgetruede wäeren a sech domat duerchgesat hätten, fir iwwerhéichte Lounfuerderungen ze stellen, als eenzegst Land an der Unioun? Si géingen domat de Lounkorridor verlooosen, op deem de gesonde Mënscheverstand an d'europäesch Finanzministeren d'Europäer zënter 1991 ageschwuer hun.

Mir wäeren dat lescht Land gewiescht, wat bewosst drop verzicht hätt fir eng Lounmoderatioun auszeüben, andeems mir se an eng Referenzpist par rapport zu der Produktivitéitsentwécklung ageklickt hätten. An dat hei am Land wou souwisou d'Indexéierung vum de Léin an de Gehälter spillt, dat Land wou souwisou regelméisseg Mindestlounupassunge kommen. Dat as eng Iddi, déi mir am Kader vum europäesche Beschäftigungsplang gären an alle Länner agefouert hätten.

Et geet jo nüt nëmme ëm d'Quantitéit vum der Beschäftegung, mä och ëm d'Qualitéit. Dofir muss eng Aarbecht mat engem Mindestbetrag rémunéiert gin. All Aarbecht huet e Mindestwäert a kann ni en Nullwäert hun. Nëmme 5 vu 15 Länner an der Europäescher Unioun kennen de gesetzleche Mindestloun. Mir sin een vum dene 5, déi e kennen a regelméisseg adaptéieren.

D'Modération salariale war och eng Konklusioun vum europäesche Beschäftigungssommet. Mir hu se zesumme mat de Sozialpartner gesicht a fond. Keen hënnert eng Gewerkschaft fir an engem Betrib, wou d'Produktivitéitsentwécklung grouss as, Lounfuerderungen ze stellen, déi méi wéi een oder zwee Prozent sin. De Vertrieeder vum ADR huet gesot, dass keng Lounofschléiss vu méi wéi engem Prozent däerfte gemaacht gin.

Neen, et as ze kucke wéi d'Produktivitéitsentwécklung as, an dann eréischt as d'Lounfuerderung ze stellen an ze négociéieren. An Zukunft as se ze contre-balancéieren duerch eng Rei vum Dispositiounen, déi an deem Gesetz stin. Notamment, fir Beschäftigungsméiglechketen an de Betriber ze schafen, wat an Zukunft en obligatoresche Bestanddeel vum der Vertragspolitik muss sin.

Grad wéi och d'Fro vum der Aarbechtszäitverkürzung, déi och en obligatoresche Bestanddeel vum den Tarifverhandlungen muss gin. Mir schafen hei e Verhandlungszwang iwwer Aarbechtszäitverkürzung. Virdrun huet keng Verhandlungsbeschriewung iwwer Aarbechtszäitverkürzung bestanen.

D'Regierung war nüt mat eenzelne Gewerkschaften d'accord fir en Ofschlosszwang an dëst Gesetz ze schreiwen. Si war mat eenzelne Gewerkschaften och nüt d'accord fir eng Aarbechtszäitreduktioun an den Accord-Partite an an dëst Gesetz ze schreiwen. Op Grond vu vil-

lem, wat an dësem Plan d'action national steet an de Betriber entgéint kënn - wéi zum Beispill 850 Milliounen weider Steuerreduktiounen - an op Grond vum Verzicht vun de Gewerkschaften fir keen Accord iwwer d'Modération salariale ze sichen, mä fir en Accord iwwer d'Modération salariale ze sichen, si mir der Meinung, datt all déi Elementer duergéint fir dem Patronat ze soen, datt si elo an Zukunft iwwer eng Aarbechtszäitreduktioun verhandele müssen, wann d'Gewerkschaften et froen.

Mir hu géint d'Patronat, mä dat as jo herno egal, duergesat, datt de Stat, wann duerg Aarbechtszäitreduktioun Aarbechtsplazen entstinn, an eng Ko-Finanzierung antrëtt, doduerch, datt e während 5 Jor d'Soziallaaschten iwwerhëlt. Dat hei as also kee Gesetz géint d'Aarbechtszäitverkürzung. Et as am Sënn vun der Motioun, déi d'Parlament den 13. November 1997 gestëmmt huet. Dat steet do textuell dran. Et as d'Traduktioun a legisteschen Termen vun deem, wat d'Chamber duerg de Vote vum 13. November 1997 der Regierung mat op de Wee gin huet.

Alleguer déi Elementer, déi mir hei hun, kommen ergänzend bei déi dobäi, déi mir ouni Tripartite gemaacht hun. Wéi zum Beispill eng Steuererliichterung, déi mir fir déi Betriber agefouert hun, déi Chômeuren astellen. Wéi zum Beispill eng substantiell Reduktioun vun der Steuerlaascht, déi op de Betriber läit. D'Kierperschaftssteuer as vun 33% op 30% erofgesat gin. D'Gewerbekapitalsteuer as ofgeschafft gin. Et as eng ekonomesch Neutraliséierung vun der Verméigenssteuer agefouert gin. Alleguer déi Elementer sin och scho kompetitivitéitssteigerend fir d'Lëtzebuerger Economie dobäikomm. Déi sin a Kombinatioun mat de steuerlechen Erliichterungen fir déi physisch Persounen ze gesinn, déi e véierprozenteg Replivum Steiertarif accordéiert kritt hun. Den Agankssteuersaz hu mir op 6 Prozent fixéiert, nodeems mir déi steierfräi Minima relevéiert haten, fir déi onqualifizéiert Aarbecht net steuerlech ze belaaften.

Dat war och d'Grundinspiratioun, déi eis bei der Aart a Weis vun der Finanzéierung vun der Fléigerversicherung geleet huet. Et gëtt 1% op allen Einkunftsarten geholl. De Facteur Aarbecht gëtt net esäiteng steuerlech - a kotisationsméisseg belaaft. E gëtt net zum Bénéfiss vun anere belaaft. Et as ee Ganz wat mir an der Tripartite fäerdegbruecht hun a wat a sénger Substanz vun den Aarbechte vum Parlament e Schlëff kritt huet, deen dat Ganz esthetesch betruuechtbar mécht.

Et as eng Politik déi mir - ausserhalb vun der Tripartite - exklusiv am Parlament an de leschte Jore gemaacht hun. Déi as vun dene Banken, op déi et ukënnt, dat heescht vun den Oppositionsparteien, a virun allem vun der gréisster Oppositionspartei mat accordéiert gin.

Ech sin der Meinung, datt et e Gesetz as, deem ee séng Zoustëmmung ouni Bedenke ka gin. Et huet ganz vill mat eisem Land ze din. Et proposéiert näischt, wat net an eist Land passt. Et proposéiert näischt wat géng laanscht d'Leit goen. Et probéiert, an do muss een de Leit e bëssen hëllefen, fir Saachen zesummenzeleeën, déi si net gewinnt sin. Wéi zum Beispill den Elternurlaub an d'Beschäftigungspolitik, wéi d'Ukuerbele vu méi Selbstänegkeet, fir à terme sécherstellen, datt d'Entwécklung zu Lëtzebuerg sécher bleift.

Mir kréie vill Salariéer bii - 4% pro Jor -, mä am Regelfall nëmmen 1% Indépendanten. E Land wat strukturell an eng Disproporz tëschent Lounempfänger a Selbstäneg geréit, geet e schwéiere Wee. Well da feelt der Gesellschaft e rouend Element. Dofir as et noutwendeg fir den Defizit u Selbstänegen, deen mir hei hun, ze behiessen. Dat maache mir mat dësem Gesetz. Mir bidden och den nei Chancen, déi objektiv vum Liewe benodelegt sin an duerg konjunkturrell-biographesch Zesummespiller e bëssen aus dem Trëtt komm sin.

Ech si wiirleech frou doriwwer, an ech wëll dat onpathetesch soen, obwuel dem Här Garcia säin Discours mech zu weidere literaresche Betruuechtungen inspiréiert hätt. Mä da war ech net zu där sachlecher Nüchternheet fäeg gewiescht, ëm déi ech mech beméien.

Et bréngt jo keen aneren et an Europa fäerdeg, fir en Accord mat de Gewerkschaften a mat de Patronen ze kréien. Dat as schwiereg an et muss ëmmer erëm verhandelt gin. Dat as esou am Liewen.

Déi gréissten Oppositionspartei - wat en Akt vu politeschem Courage an net vu politescher Spekulation as - stëmmt esou engem Gesetz zou. Si hätt sech och kënnen enthalen. Déi zwou aner Fraktiounen, déi an der Opposition sin, wäerten op alle Fall net dogéint stëmmen.

Wann déi Länner, déi 15% oder 20% Aarbechtslosigkeit hun, en Accord tëschent der Regierung an de Sozialpartner géinge fäerdegbréngen an am Parlament ouni Géigestëmm ofstëmmen géingen, da war et ëm d'Situatioun vun dene Leit, déi an Europa keng Aarbecht hun, wesentlech besser bestallt wéi et as.

Ech hun all Ursaach merci ze soen.

**M. le Président.** - Den Här Bausch freet "parole après ministre".

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, et as mir wichteg, fir ganz kuerz nach e puer Prezisiounen zu der Debatt iwwer d'Flexibiliséierung ze gin. Ech ka mat der Interpretatioun, déi de Staats- an Aarbechtsminister gemaacht huet, net averstane sin.

Wa mir elo op d'Referenzperiod vu 4 Wochen iwwergin, da muss ee bedenken, datt während dene 4 Wochen d'Leit bis zu 10 Stonnen den Dag schaffen kënnen. Dat huet en Impakt op d'Liewensgewunnechte vun dene Leit, déi dovu betraff sin. Dat fällt net ënner d'Kategorie vu klengen Verännerungen an eisem Aarbechtsrecht!

D'autant plus, wou iwwer de Kollektivvertrag d'Méiglechkeet vun der Annualiséierung vun der Referenzperiod och nach gin as. Vu dat verännert Kräfteverhältnis, wat mir an de leschte Joren tëschent Salariat a Patronat hu misse feststellen, sin ech net esou optimistesche fir am Kader vun de Kollektivvertragsverhandlungen gréisser Aschnëtter an d'Liewensgewunnechte vun dene Leit ofzewieren.

Ech kommen elo zu eisem Amendement. Et as natierlech richteg, datt eis bei 40% vun dene Betriber, déi jo dovu betraff sin, nëmmen eng Stonn trennt. Allerdéngs wëll ech soen, datt eisen Amendement dozou gefouert hätt - am contraire zu deem wat elo am Text steet -, datt

vill méi e groussen Zwang bestanen hätt, fir déi Flexibiliséierung positiv ze gestalten an d'Aarbechtszäit zu gläicher Zäit ze kürzen.

Dobäi wëll ech betounen, datt fir eis d'Aarbechtszäit-reduzéierung am Kader vun der Flexibiliséierung haaptsächlech en Instrument ass, fir d'Humaniséierung vun der Arbechtszäit ze gestalten. Déi Leit, déi méi flexibel am Betrib schaffe mussen, sollen och méi eng grouss Récupérationsszäit kréien. Si sollen doduerch d'Chance kréien, fir équilibréiert um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Et ass evident, datt dat keng beschäffegungspolitesch Mesur ass. Et huet bestëmmt och e beschäffegungspoliteschen Effekt, mä dee gréissten Effekt, dee mir eis erwaarden ass eng positiv Liewensqualitét fir déi Leit, déi an de Betriber schaffen.

Wann een d'Geschicht vun der Humaniséierung vun der Aarbecht kuckt, wann ee kuckt, wéi mir zum 8-Stonnen-Dag an zu der 40-Stonne-Woch komm sinn, da stellt ee fest, datt déi Reduktioun fir d'eischt an dene groussen Secteure realiséiert gi sinn. Dat heescht bei dene 40%, ëm déi et hei geet. Dat ass natierlech iwwer Kollektivverträge an Ausenanersetzungen realiséiert gin. Nodeems déi Secteuren d'Aarbechtszäitreduktioun haten, ass et iwwer Gesetz verallgemengert gin.

Mir leie mat eisem Amendement guer net esou falsch. Mir leien eigentlech do an enger historischer Traditioun, wann een d'Entwécklung vun der Arbechtszäit insgesamt kuckt. Dofir mengen ech, datt deen Amendement, dee mir abruucht hun an esou formuléiert ass, datt en e gewësse Konsenscharakter huet, eng gutt Basis hätt kënne sinn. Mä leider war d'Majoritéit net bereet fir op dee Wee ze goen. Dofir bleiwe mir och bei eiser Meinung, fir dat Kapitel do ofzelenen.

**M. le Président.** - Den Här Staatsminister huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Ech wëll elo ganz séier soen, dass ech iwwerhaapt net wollt d'Meinung akreditéieren, dass d'Afëierung vun enger véierwöcheger Referenzperiod, ee liewensneutrale Virgank war. Dat ass net esou, dat ännert schon eppes bei de Leit, mä et ännert net all Dag am Jor, eppes fir se, well et huet keen 12 Méint am Jor eng Referenzperiod, wat geschitt war, wann een - wéi dat gefrot gi war - d'Annualiséierung an d'Gesetz geschriwwen hätt.

Zweetens sinn ech dem Här Bausch dankbar dofir, dass hien hei nach eng Kéier, esou dass jidderen dat noliere kann, bestätégt huet, dass fir déi gréissten Zuel vu Beschäftigten hei am Land tëscht deem wat elo am Gesetz steet an deem wat am Amendement vun der grénger Fraktioun stoung strictement keen Ënnerschied ass. Jidderen, deen an engem klengen Betrib ëmmer 20 Leit schafft an deem elo ënner dëst Gesetz fällt, muss wëssen, falls him an Zukunft eppes anescht géif gezielt gin, dass déi gréng Fraktioun exakt mat där Aart a Weis ze procedéieren averstanen ass, wat ech net kritiséieren, mä jhust rappeléieren.

Drëtzens, eng gesetzlech Afëierung vun der 39-Stonne-Woch, vu mindestens 39 Stonnen, déi hätt kënne kollektivvertraglech erweidert gin, ass keng fundamental

Differenz mat der Regierungspolitik, well nämlech keng fundamental beschäffegungspolitesch Differenz besteet tëscht der 40-Stonne-Woch an der 39-Stonne-Woch, well d'Afëierung vun der 39-Stonne-Woch huet exklusiv zum Resultat, dass entweder méi Iwwerstonne gemaacht gin oder weider Produktivitéitsverbesserungsanstrengunge gemaacht gin. Dann hätt ee souwiesou missen iwwer kollektivvertraglech Schinne fueren, fir déi 39-Stonne-Woch weider no ënnen ze reduzéieren. Da war ee genau an där Situatioun gewiescht wou och de Projet de loi d'Sozialpartner an d'Land wëllt hëfieren. Et läit manner tëscht eis wéi eng Stonn, et ass manner wéi 60 Minuten.

**M. le Président.** - D'Discussion générale ass elo ofgeschloss a mir ënnerbriechen d'Sitzung fir eng hallef Stonn. Duerno komme mer zur Lecture vun den Artikelen, zum Vote iwwer d'Gesetz an zu de Motiounen.

D'Sitzung ass ënnerbrach.

*(Interruption de la séance publique)*

\* \* \*

D'Sitzung ass erëm op!

Mir kommen dann elo zur Lecture vun den Artikel vum Projet de loi 4459 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Norbert Konter)*

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Beim Artikel 6, Paragraph 1 vun dësem Gesetz verlaangt déi gréng Fraktioun e Vote séparé. Mir géifen also driwwer ofstëmmen. Mä ech stelle fest, dofir sinn net genuch Leit heibannen.

*(Interruptions diverses)*

Vote

Déi fir den Artikel 6 si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

Den Artikel 6 ass an der virleiender Fassung mat 54 Jo-Stëmmen a 4 Neen-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Gleesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Marco Schank), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Alphonse Theis (par M. Lucien Weiler) et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par Mme Françoise Kuffer), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Paul Helminger), MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger) et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener.*

Als nächst stëmme mer iwwer den Arikel 7 of, wou déi gréng Fraktioun och e Vote séparé verlaangt.

Vote

Déi fir deen Artikel si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

Den Artikel 7 as an der virleiender Fassung mat 50 Jo-Stëmmen a 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Gleesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Marco Schank), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Alphonse Theis (par M. Lucien Weiler) et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer et Jean Schiltz,*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger) et Théo Stendebach;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

D'Artikelen 8 bis 23 si gelies an ugeholl.

Fir den Artikel 24, Paragraph 15 as erëm e Vote séparé verlaangt.

Vote

Déi fir den Artikel 24 an der virleiender Fassung si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

Den Artikel 24 as mat 55 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiuonen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Gleesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Marco Schank), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Alphonse Theis (par M. Lucien Weiler) et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par Mme Françoise Kuffer), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par Mme Agny Durdu), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Eugène Berger), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger), Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Lydie Polfer);*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener.*

D'Artikele 25 bis 30 si gelies an ugeholl.

D'Lecture vun den Artikelen as elo ofgeschloss a mir stëmmen iwwer dee gesamten Text vum Projet de loi 4459 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi as ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen an 8 Abstentiuonen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Gleesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Marco Schank), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Alphonse Theis (par M. Lucien Weiler) et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par Mme Françoise Kuffer), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos*

Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanussi;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par Mme Agny Durdu), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Eugène Berger), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger), Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Lydie Polfer);

Se sont abstenus: MM. Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagoner.

As d'Châmber d'accord fir d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir kéimen dann zum Vote vun de Motiounen déi déposéiert gi sin.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 1 vum Här Halsdorf.

Den Här Minister Juncker freet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Här President, d'Motioun 1, déi schon de 17. Dezember 1998 vum Kolleg Halsdorf déposéiert gin as, freet d'Regierung fir d'Gemengen, d'Gemengesyndikater, d'Etablissements publics, d'Etablissements placés sous le contrôle des communes an d'Eisebunn vun der Obligatioun, fir der Kannergeldkeess Kotisatiounen ze bezuelen, ze déchargéieren.

D'Regierung as averstanen, fir vum 1. Januar 2000 un d'Gemengen an d'Gemengesyndikater vun där Obligatioun ze dispenséieren an de Staatsbudget an déi Plaz trieden ze loossen. Déi jetzeg Regierung ka sech nët virstellen, datt et am Budget och all déi aner Déchargë gët. Dat bréngt eis op e Käschtepunkt vu 700 Milliounen. Dofir géing ech lech bidden domat averstanen ze sin, datt d'Regierung dat fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater mécht.

Ech kann och kaum eng Motioun unhuelen, wou déi nächst Regierung - déi an e puer Méint wäerd do sin - mat enger Budgetsdépense vu 700 Milliounen do sëtzt. Dofir fannen ech, datt dat sech eréischt vum Jor 2000 un op d'Gemengen an d'Gemengesyndikater beschränke soll.

**M. le Président.** - Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, ech proposéiere fir den Text folgendermoossen ëmzeänneren:

*Motion 1 modifiée*

*La Chambre des Députés*

• constatant que le Gouvernement et la Chambre des Députés ont successivement libéré presque l'ensemble

des entreprises luxembourgeoises de leur obligation de cotisation à la Caisse nationale des Prestations familiales;

• considérant qu'après la mise en vigueur du plan national en faveur de l'emploi, seuls les établissements publics, les communes, les syndicats intercommunaux, les établissements placés sous le contrôle des communes et la Société nationale des Chemins de Fer restent tenus de verser des cotisations pour le financement des allocations familiales;

• insistant sur le fait que plusieurs de ces établissements sont soumis à des règles de gestion privée et sont en concurrence avec des entreprises privées;

invite le Gouvernement

• à décharger les communes et les syndicats intercommunaux de leur obligation de cotisation à la Caisse nationale des Prestations familiales et de prendre ce coût à charge du budget de l'Etat au plus tard à partir de l'exercice pour l'an 2000;

• à étudier une décharge possible pour les établissements publics, les établissements placés sous le contrôle des communes et la Société nationale des Chemins de Fer.

(s.) Jean-Marie Halsdorf, Romi Bruck-Roth, Mars Di Bartolomeo, Jeannot Krecké, Lucien Weiler.

**M. le Président.** - As d'Châmber domat averstanen?

(Assentiment)

Et as also esou décidéiert.

Kënne mer "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 1 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 2, déi och vum Här Halsdorf déposéiert gin as.

Den Här Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen (DP).** - Här President, d'Motioun vum Här Halsdorf steet e bëssen am Zesummenhank mat där, déi den Här Bettendorf déposéiert huet. Wann een déi vum Här Halsdorf unhëlt, wou de Comité de coordination tripartite opgefuerdert gët fir spëtstens den 31. Dezember 2002 hire Bilan ze finaliséieren, dann as déi vum Här Bettendorf, déi nëmmen e punktuelle Bilan iwwer de Congé parental am Jor 2000 freet, awer nët hifälleg. Méng Fraktioun ka mat der Motioun 2 d'accord sin, sous réserve, datt d'Motioun 3 nët hifälleg gët.

**M. le Président.** - Kënne mer "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 2 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 3 vum Här Bettendorf.

Den Aarbechtsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Ech fannen nët, datt een am vollen Empfang vum Wuert schon eng Evaluatioun vum Congé parental ufanks 2001 maache kann. Et wär awer gutt, wann d'Regierung d'Chamber géing renseignéieren - en attendant den Endrapport, dee mir elo an der zweeter Motioun ugeholl hun - wéi d'Exekutioun vum Congé parental sech ausgewiirkt huet. Ech hu jhust eng liicht Schwiregkeet mam Wuert "Evaluation". Wann een dat duerch "Rapport" oder eppes ähnlech esetzt kéint, wär ech d'accord domat.

**M. le Président.**- As d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert. D'Motioun huet also folgende Wuertlaut :

*Motion 3 modifiée*

*La Chambre des Députés*

• *considérant que le Plan d'action national a pour objectif principal de combattre le chômage au Luxembourg;*

• *considérant que la directive 96/34/CE relative au congé parental a été transposée dans le cadre de ce projet de loi dans une forme et avec des modalités dépassant de loin les dispositions de la directive européenne et justifiées par le souci de faire du congé parental une mesure additionnelle de lutte contre le chômage;*

• *considérant le coût de l'application du congé parental;*

*invite le Gouvernement*

• *à faire procéder annuellement à un rapport sur ledit congé parental dans l'optique de la lutte contre le chômage au Luxembourg;*

• *à soumettre à la Chambre des Députés au plus tard au début de l'an 2001 un premier rapport sur les effets du congé parental.*

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Emile Calmes, Henri Grethen, Théo Stendebach.

Kënn mir "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 3 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 4 vum Här Niki Bettendorf. Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- D'Motioun 4 vum Här Bettendorf beschäftegt sech domat, fir supplementar Moossnamen ze ergräifen, fir d'Schwaarzaarbecht besser ze kontrolléieren. Notamment am Zesummenhank mam Congé parental.

Ech wëll jhust weinst der Prezisioun drop opmiirksam maachen, datt den Artikel 99 vum initale Projet op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat nët zréckbehalen gin as. Deen as an den Artikel 12 vum Congé parental transféréiert gin. Dee Passage referéiert sech op den Artikel 496 aus dem Code pénal, dee Sanktiounen virgesäit.

Déi Sanktiounen gi verstärkt, am Fall wou ee mécht wéi wann en am Congé parental wir, an awer nët dran as. Dee kritt penal Sanktiounen. Mä déi sin nët réckwiirkend op den 1. Januar. Dofir huet de Conseil d'Etat et op där enger Plaz ewechgeholl an et mat enger Referenz an den Text vum Artikel 12 iwwer de Congé parental gesat.

Dee selwechten Text seet och wat fir eng Agenten - Douanierë - bei der Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht hëllef kënnen. Sou datt ech mengen, datt mir dat wat hei gefrot gët gemaacht hun. Ech hun awer trotzdem näischt dogéint fir déi Motioun unzehuelen. Ech wollt dat jhust preziséieren.

**M. le Président.**- Den Här Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen (DP).**- Mir géifen d'Motioun da folgendermoossen emänneren:

*Motion 4 modifiée*

*La Chambre des Députés*

• *considérant que le Plan d'action national a pour objectif principal de combattre le chômage au Luxembourg;*

• *considérant que l'introduction d'un congé parental dans la forme et avec les modalités obtenues dans le projet de loi n°4459 répond au souci de créer un instrument additionnel de lutte contre le chômage au Luxembourg;*

• *estimant que les risques d'abus dans ce domaine sont réels;*

• *rappelant que l'article 98 de la première version du projet de loi qui sanctionnait les fraudeurs a été retiré du projet de loi actuel;*

*invite le Gouvernement*

• *à veiller à l'application des mesures supplémentaires prévues pour renforcer les contrôles afin d'éviter un accroissement du travail au noir.*

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Emile Calmes, Henri Grethen, Théo Stendebach.

**M. le Président.**- As d'Chamber domat averstanen?



(Assentiment)

Et as also esou décidéiert.

Kënne mer "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 4 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 5, déi vum Här François Bausch déposéiert gin as. Den Aarbechtsminister huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Mam éischten Deel vun Ärer Motioun hut Dir d'Regierung invitéiert fir e legale Kader fir arbeitsplatzschafend sozial-ökonomesch Betriber ze schafen. Mir hun en Text doriwwer, mä dee kann een nach an eenzelne Beräicher ausbauen. Ech géif Iech awer bieden, fir vun der zweter Iddi, fir elo schon e Fonds spécial fir d'Acteurs vun der Economie sociale ze promouvieren, Ofstand ze huelen. Déi éischt Iddi : jo, mä vun där zweter sin ech net esou begeeschtert.

**M. le Président.** - Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech sin d'accord fir den zweten Tret zréckzezéien.

*Motion 5 modifiée*

*La Chambre des Députés*

• *considérant qu'il faudra tenir compte des besoins existant dans les domaines environnemental, social et culturel, besoins auxquels il ne peut être subvenu de façon suffisante et stable avec les seuls mécanismes de l'économie de marché;*

• *considérant que ce tiers secteur ou secteur d'économie sociale, situé à l'embouchure des secteurs privé et public, est le champ d'activité de très nombreuses associations et sociétés coopératives à caractère essentiellement associatif et sans but lucratif;*

• *considérant que ce genre d'activités est potentiellement créateur d'emplois stables dans le secteur environnemental, le secteur socio-éducatif et dans le domaine des services de proximité;*

• *considérant que l'économie sociale est très largement tributaire de l'intervention directe et indirecte de l'Etat, au moins dans sa phase de démarrage;*

• *considérant que les conclusions, très encourageantes, présentées en 1995 par le groupe de travail interministériel tardent à trouver leur application;*

*invite le Gouvernement*

• *à élaborer un cadre légal pour les acteurs de l'économie sociale à l'instar du modèle français de l'entre-*

*prise d'insertion ou du modèle belge de la société à finalité sociale.*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

**M. le Président.** - As d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et as also esou décidéiert.

Kënne mer "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 5 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 6 vum Här Marc Zanussi. Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - D'Regierung hält d'Motioun vum Här Zanussi un. Ech notzen an engems d'Geleënheet fir dem Här Kollwelter an deem Zesammenhank nach eng Kéier fir séng gutt Aarbecht ze félicitieren.

**M. le Président.** - Kënne mer "par main levée" ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Deen dee fir d'Motioun as hieft d'Hand an d'Luucht.

Ech stelle fest, datt d'Motioun 6 eestëmmeg ugeholl as.

Mir kommen elo zu der Motioun 2 vum Här Zanussi vu gëschter iwwer d'Tarifcation des transports.

#### **4. Interpellation de M. François Bausch au sujet des instruments tarifaires dans le domaine du transport**

Mir stëmmen elo iwwer déi Motioun 2 vum Här Zanussi of.

De Vote électronique as verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 as mat 43 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 10 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth, MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Gleesner (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Marco Schank), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean*